


Fäschber Gemeengeblat



Impressum



Fëschber Gemengeblat
Editioun September 2024

Redaktioun
Gemeng Fëschbech

Kollaboratioun
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
D'Kommissioun vum der Gemeng
D'Veräiner aus der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech


Layout
Gemeng Fëschbech

Cover
E Kaweechelchen vum Jean-Claude
SCHAEFFER

Editeur
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

Drock
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, Rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

Mir soe jidderengem Merci, deem
un dëser Editioun matgeschafft
huet.



GEMENG

Gemengerotssätzungen	4
Matdeelungen	
Neie Mataarbechter	13
Règlements communaux	14
Visite mam Fierschter	
Lotissement de terrains	15
Fuerpark Service Regie	
Adventsfenster	16
Prime Scolaire	17
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng	
Drëpsi Zertifikat	17
Concert an der Fëschber Kierch	18
Buergermeeschterdag	
Nuit du Sport	19
Aweigung STEP Angelsbiere	20
Virowend vum Nationalfeierdag	22
Lokal Produzenten a Betriber	24
Service Technique	27

NATUR & KLIMA

Green Events	31
Schleefe mam Päerd	32
KlimaPakt-Dag	34
Kleine Tiere mit großer Leistung	35
Mount vum Bongert	39
NaturPakt-Dag	40

ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Angsber Schoul	42
Schouljoer 2024-2025	53
Aktivitéiten am Kuebenascht	58
Aktivitéite bei de Kueben	60

WAT WAR LASS?

Albinus Feier	68
1. Meefeier	69
We are the Champions!	70
Lichtmëssdag	57
Spargeliessen	71
Ausflug Spuerveräin	
Fëschber Nopeschfest	72
Senioren on Tour	73
Jugendpompjeeën	74
Schouffest	75
Parfest	76
Opruff	77

MIR GRATULÉIEREN

Gebuertsdag Alex Kugener	78
--------------------------	----

Virwuert

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An Ären Hänn haalt Dir dat aktuellt Gemengeblat N°67 vum September 2024, mat Infoen iwwer all déi flott Fester an Aktivitéiten, déi an de leschte Méint an eiser Gemeng ofgehal goufen. Mee sou flott wor et net ëmmer hei. Et sinn elo 80 Joer hier, wou et geheescht huet "D'Amerikaner sinn do! Endlech fräi!". No 4 Joer ënnert dem Nazi-Regime gouf Lëtzebuerg am September 1944 vun den alliierten Truppe befreit. Fir dëst Evenement net ze vergiessen, houg dëse Mount an eiser Gemeng den Amerikanesche Fändel aus, stellvertriedend fir allen Alliierten ze gedenken, déi fir eis Fräiheet gekämpft hunn. Awer och vill Awunner hunn eis Gemeng bei de sëllege Feierlechkeeten, wéi z.B. zu Miersch, vertrueden. E weidere Moment vum Gedenke wäerte mer och dëst Joer nees bei de Commemoratiounsfeierlechkeeten, den 20. Oktober um 10 Auer, zu Fëschbech an der Kierch hunn. Do weist de Paschtouer Felix Steichen eis e neie Gedenkfilm, deem déi Mierscher Guiden a Scouten am Summer gedréint hunn.

Mee ech wëll hei net nëmme vum Krich schreiwen, well deem ass de Moment genuch an der Welt. A well mer géint den Has an d'Gewalt an der Welt net direkt eppes kënne maachen, sollte mer heiheem mol am Klengen ufänken. Mir sollte matenee schwätzen a Problemer gemeinsam léisen. Am Dialog klappt dat meeschtens am beschten, a wann ee mol Hëllef brauch, kann e sech déi bei der Mec asbl ufroen. Si bidde Mediatioun tëschent Noperen un.

Problemer oder Froe betreffend d'Gemeng? Da frot lech e Rendez-vous am Schäfferot, mir si bereet fir iwwer alles ze schwätzen an eng Léisung ze fannen. A well mir op den Dialog mat lech zielen, hu mer de 16. Dezember eng Biergerversammlung geplangt, wou a Workshops iwwert d'Gestaltung vun 3 verschiddenen Duerfplazen diskutéiert gëtt an Iddie gesammelt ginn. Notéiert lech dësen Datum elo schonns an hëlleft aktiv mat eis Gemeng méi liewenswäert ze gestalten.



Eng weider flott Aktioun fir sech kennen ze léieren a matenee ze schwätzen ass d'Aktioun "Adventsfenster". Maacht selwer eng aktiv, respektiv eng stëll Fenster an/oder gitt bis bei déi verschidde Fënstere kucken. Do begéint een ëmmer nei Leit a léiert se an enger flotter Atmosphär kennen. Weider Infoen zu den "Adventsfenstere" fannt Dir hei am Blat.

Mee eng Gemeinschaft mécht och aus, dass ee sech géigesäiteg ënnerstëtzt, ob dat d'Léine vun engem Kilo Miel beim Noper ass oder, dass ee bei engem vun eise lokale Produzenten oder Betriber eppes kauft oder konsuméiert. Mir hunn lech an dëser Editioun eng Lëscht mat eise lokale Produzenten a Betriber opgestallt, dës gëtt och ob eisem Internetsite à jour gehal, fir dass mir all d'Betriber aus eiser Gemeng kënne ënnerstëtzen. Dir sidd nach net ob der Lëscht? Da mellt lech einfach am Populationsbüro vun der Gemeng.

D'Summervakanz ass eriwier an eis Kanner sëtzen nees an de Schoulbänken. Och hei ass de géigesäitege Respekt an d'Kommunikatioun tëschent Schüler, Léierpersonal an Eltere wichteg, well d'Schoul soll eng Plaz sinn, déi Freed mécht, awer eis och op d'Zukunft preparéiert an nëmme wa mer zur friddlecher Kommunikatioun a Gläichberechtigung erzu ginn, kënne mer esou Zenarien wéi viru 84 Joer vermeiden.

Ech wënschen lech elo vill Freed beim Liese vun dëser 67^{ter} Editioun an de Schoulkanner, esouwéi de Studenten e flott a léierräicht Schouljoer.

Luss Brosius
Buergermeeschter

Gemengerotssätzungen

A moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Wann net anescht ugin, goufen déi verschidden Décisioune eestëmmeg geholl.

Séance publique du conseil communal du 20 mars 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David et OLINGER Kevin – conseillers

Excusés: SIMON Marc, conseiller

Le conseil communal ratifie le rapport annuel du « pacte climat ».

Le conseil approuve les titres de recette d'un montant total de 162.467,27 € pour les années budgétaires 2023 et 2024.

Le conseil décide d'appliquer uniformément les tarifs ci-après pour les emprises de voirie :

- pour les emprises situées à l'intérieur du périmètre d'agglomération : 800.- € l'are;
- pour les emprises situées à l'extérieur du périmètre d'agglomération : 500.- € l'are.

Le conseil décide le règlement d'ordre intérieur réglant les relations de la commune avec les associations locales.

Le conseil arrête un règlement de circulation avec effet temporaire sur le chemin repris CR120.

Le conseil communal approuve un contrat signé en date du 6 mars 2024 avec la société d'ingénieurs-conseils INCA Ingénieurs Conseils Associés sàrl de Niederaanven concernant le réaménagement de la Rue St. Nicolas à Fischbach s'élevant à un montant hors TVA de 27.967,28 €.

Le conseil approuve un projet de morcellement de parcelles pour former dix (10) nouvelles parcelles au lieu-dit « Op der Héicht » autour du réservoir d'eau.

Avec 7 voix pour et une voix contre (M. Daniel Moura), le conseil décide de soumettre les schémas de tarification consernant les prix de l'eau potable

De Gemengerot heescht de Joresbericht vum „Klimapakt“ gutt.

De Rot hält Einnamen an Héicht vun 162.467,27 € fir d'Budgetsjoren 2023 an 2024 un.

De Conseil beschléisst, déi folgend eenheetlech Tariffer fir d'Emprisen am Stroosseberäich unzewenden:

- fir Emprise bannent dem Perimeter: 800 € den Ar;
- fir Emprisen ausserhalb vum Perimeter: 500 € den Ar.

De Conseil beschléisst e Reglement iwwert d'Bezéiungen tëscht der Gemeng an de lokalen Associatioune.

De Rot beschléisst en temporäert Verkéiers-reglement fir den CR120.

De Gemengerot approuvéiert e Kontrakt, deem de 6. März 2024 mat der Ingenieursgesellschaft INCA Ingénieurs Conseils Associés sàrl vun Nidderaanwen iwwer d'Ëmgestaltung vun der Rue St. Nicolas zu Fëschbech ënnerschiww gouf, mat engem Betrag vu 27.967,28 € ouni TVA.

De Conseil heescht e Morcellementsprojet gutt fir zéng (10) nei Parzellen „Op der Héicht“ ronderëm de Waasserreservoir ze schafen.

Mat 7 Stëmmen dofir an enger Stëmm dogéint (den Här Daniel Moura) beschléisst de Conseil, déi vum Schäfferot proposéiert Tariffer vum Drénkwaasser

tel que proposés par le collège des bourgmestre et échevins pour avis à l'Administration de la gestion de l'eau en vue de pouvoir voter les nouveaux tarifs lors d'un prochain conseil communal.

Communications diverses:

- Le conseil fixe les dates des prochaines scéances du conseil communal.
- Le bourgmestre informe le conseil que la Croix-Rouge a acquis tout le complexe de la ferme Degraux à Schoos pour y accueillir une population multiculturelle.
- Le bourgmestre informe le conseil communal du suivi du plan d'aménagement particulier « um Béchel »
- Le bourgmestre informe le conseil de l'entrevue avec M. Rosch Mirkes de « Rencontres Musicales de la Vallée de l'Alzette » en date du 13 mars 2024 concernant l'organisation d'un concert.
- Mme Brosius-Kolber informe le collège échevinal que des randonneurs se plaignent régulièrement de l'état assez désastreux des sentiers près de Koedange, Plankenhaff et Schmëtt dû aux travaux forestiers.

pour Avis un d'Waasserwirtschaftsamt ze schécken, fir bei enger nächster Gemengerotssätzung iwwert déi nei Tariffer ofzestëmmen.

Verschiede Matdeelungen:

- De Conseil setzt d'Datumer vun den nächste Sätzunge vum Gemengerot fest.
- De Buergermeeschter informéiert de Conseil, dass d'Croix-Rouge de ganze Komplex vum Degraux-Haff zu Schous kaf huet, fir do eng breetgefächert Awunnerschaft opzehuelen.
- De Buergermeeschter informéiert de Gemengerot iwwer de Suivi vum Bebauungsplang „um Béchel“.
- De Buergermeeschter informéiert de Rot iwwer d'Entrevue vum 13. März 2024 mam Här Rosch Mirkes vun de „Rencontres Musicales de la Vallée de l'Alzette“ iwwert d'Organisatioun vun engem Concert.
- D'Madame Brosius-Kolber informéiert de Schäfferot, dass Wanderer sech reegelméisseg iwwert de schlechten Zoustand vun den Trëppelweeër, opgrond vun de Bësch-aarbechte bei Kéideng, dem Plankenhaff an der Schmëtt beschwéieren.

Séance publique du conseil communal du 17 avril 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric et OLINGER Kevin – conseillers

Excusés: JAWORSKI David et SIMON Marc – conseillers

Le conseil communal émet un avis favorable quant à l'introduction d'une vitesse maximale de 30 km/h sur toutes les voiries vicinales actuellement munies d'un panneau de signalisation « Fraiwëlleg 30 »

Le conseil approuve les titres de recette d'un montant total de 1.618.083,49 € pour les années budgétaires 2023 et 2024.

Le conseil décide de créer un poste pour salarié à tâche manuelle dans la carrière B.

Le conseil approuve le compromis de vente conclu par le collège des bourgmestre et échevins portant sur l'acquisition un terrain bâti de 21,80 ares, sis à Schoos.

De Gemengerot gëtt e favorablen Avis fir d'Aféierung vun 30km/h als Héchstgeschwindeg-keet op alle Gemengeweeër, déi aktuell mat engem "Fräiwëlleg 30" Stroossechëld ausgewise sinn.

De Rot hält Einnamen an Héicht vun 1.618.083,49 € fir d'Budgetsjoren 2023 an 2024.

De Conseil decidéiert en Aarbechterposten an der Carrière B ze schafen.

De Gemengerot stëmmt engem Compromis zou, dee vum Schäfferot ënnerschiww gouf, betreffend de Kaf vun engem bebauten Terrain vun 21,80 Ar zu Schous.

Le conseil approuve le compromis d'échange conclus par le collège des bourgmestre et échevins portant sur l'échange de quatre terrains au lieu-dit « Op der Héicht ».

Le conseil communal approuve des avenants à trois contrats de bail ayant pour objet la modification des loyers concernés.

Le conseil approuve un nouveau crédit de 13.000 € pour le remplacement de luminaires dans la crèche.

Avec six voix pour et une voix contre (M. Laurent Schiltz), le conseil décide de faire certifier les forêts communales de la commune de Fischbach suivant les labels PEFC (Pan-European Forest Certification Council) et FSC (Forest Stewardship Council) et ceci dans le cadre du Pacte Nature.

Le conseil décide de fixer les taxes concernant les bâtisses comme suit :

déclaration de travaux :	gratuit
demande de démolition :	gratuit
demande d'autorisation de construire de petite envergure :	30,-€
demande d'autorisation de construire de grande envergure :	250,-€
demande de modification d'une autorisation de constuire de grande envergure :	30,-€

De Conseil stëmmt engem Compromis zou, dee vum Schäfferot geschloss gouf, betreffend den Tosch vu véier Terrainen op der Plaz "Op der Héicht".

De Gemengerot approuvéiert dräi Avenante vu Lokatiounsvertrëg fir déi jeeweileg Loyerer unzepassen.

De Conseil stëmmt en neie Kredit an Héicht vun 13.000 € fir d'Beliichtung an der Crèche auszetauschen.

Mat sechs Stëmmen dofir an enger Stëmm dogéint (Här Laurent Schiltz) decidéiert de Conseil d'Gemengebëscher vun der Gemeng Fëschbech no de Labelen vun der PEFC (Pan-European Forest Certification Council) a FSC (Forest Stewardship Council) zertifizéieren ze loossen an dat am Kader vum Natur Pakt.

De Conseil decidéiert d'Taxe betreffend d'Baage-neemegunge wéi follegt festzeleeën:

Communications diverses:

- Le bourgmestre informe le conseil communal du vote d'un nouveau règlement communal et règlement communal taxe relatif à la gestion des déchets assurée par le SIEDEC, qui devront être votés sous peu par tous les conseils des communes membres du SIEDEC.
- L'échevin Dan Moura communique les dates des prochaines réunions et activités de l'équipe du Pacte Nature.
- FILANO : le bourgmestre informe le conseil communal qu'au niveau du hall sportif, âgé de 20 ans, des travaux de rénovation seront à prévoir pour les prochains budgets, de même que pour la piscine, âgée de 15 ans.
- Le bourgmestre invite les représentants dans les différents syndicats de donner régulièrement une mise à jour aux autres membres du conseil.
- M. Durrer informe le conseil sur des futures activités de la commission du vivre-ensemble.
- Le conseil est informé sur les futures activités de la commission des produits locaux, équitables et biologiques.
- En ce qui concerne le projet de construction d'un immeuble dans la rue de Schoos à Angelsberg, le bourgmestre confirme que

Verschidde Matdeelungen:

- De Buergermeeschter informéiert de Gemengerot iwwer d'Ofstëmmung vum neie Gemengen- an Taxereglement betreffend den Offall vum SIEDEC, iwwert déi demnächst och all Mëmbërgemenge vum SIEDEC ofstëmmen müssen.
- De Schäffen Dan Moura deelt d'Datume vun den nächste Sëtzingen an Aktivitéiten vum Natur Pakt-Team mat.
- FILANO: De Buergermeeschter informéiert de Gemengerot, dass Renovatiounsarbechten an der Sportshal, déi 20 Joer al ass, müssen an den zukünftege Budgete virgesi ginn, souwéi och fir d'Schwämm, déi 15 Joer al ass.
- De Buergermeeschter invitéiert d'Vertreieder aus de verschiddene Syndikater, déi aner Gemengerotsmemberen reegelméisseg iwwert d'Aktivitéiten ze informéieren.
- Den Här Durrer informéiert de Conseil iwwer zukünfteg Aktivitéite vun der Kommissioun vum Zesummeliwen.
- De Conseil gëtt iwwer zukünfteg Aktivitéite vun der Kommissioun fir lokal, fair a biologesch Produiten informéiert.
- Betreffend de Bauprojet vun engem Gebai an der Schéisser Strooss zu Angelsbierg,

le promoteur a remis des plans adaptés et conformes au règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites.

bestätigt de Buergermeeschter, dass de Promoteur ugepasste Pläng, déi den Ufuerderunge vum Bautereglement entspriechen, raginn huet.

Séance publique du conseil communal du 22 mai 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ; MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ; BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc – conseillers

Excusés: /

Vu l'état des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2023 présenté par le receveur communal portant sur 44.824,84 €, le conseil communal admet en décharges 2.045,94 € et accorde l'autorisation de poursuivre en justice les autres débiteurs, le cas échéant.

Le conseil approuve un projet de morcellement de parcelles au lieu-dit « Op der Héicht » autour du réservoir d'eau.

- Par vote secret, le conseil propose
- de réaffecter Madame Lara PAPILLO de Grevenmacher au poste vacant de 100% d'institutrice à l'Angsber Schoul pour l'année scolaire 2024-2025 et
 - d'affecter Madame Emilie SCHMIT de Brouch au poste vacant de 100% d'institutrice à l'Angsber Schoul pour l'année scolaire 2024-2025.

Suite à la présentation de la présidente du comité de l'école, Madame Sarah Kolber, le conseil arrête l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2024-2025, le plan d'encadrement périscolaire (PEP) 2024-2025, ainsi que le plan de développement scolaire (PDS) 2024-2027.

Avec 2 voix pour (MM. Lucien Brosius et Dan Moura), 3 voix contre (Mme Isabel Fernandes et MM. Eric Durrer et Kevin Olinger) et 4 abstentions, le conseil communal rejette un devis en hauteur de 137.500,-€ concernant le réaménagement du parking dans la « Rue du Moulin » à Fischbach.

- Le conseil approuve les devis concernant
- la rénovation du ancien bâtiment du Lokalveräin à Schoos, le devis s'élevant à 100.000 €

Opgrond vum Restantenetat iwwer 44.824,84 € vum Joer 2023, dee vum Receveur virgestallt gouf, gëtt de Gemengerot eng Decharge fir 2.045,94 € a gëtt d'Erlaabnis, déi aner Scholde iwwert d'Gericht anzedreiwen, falls néideg.

De Gemengerot heescht e Morcellements-Projet "Op der Héicht" ronderëm de Waasserreservoir gutt.

- De Conseil schléit fir d'Schouljoer 2024-2025 fir, folgend Persounen an der Angsber Schoul ze nennen:
- d'Madamm Lara PAPILLO vu Gréiwemaacher op de fräie Posten (100%) vum Enseignant an
 - d'Madamm Emilie SCHMIT vu Bruch op de fräie Posten (100%) vum Enseignant.

No der Presentatioun vun der Präsidentin vum Schoulkomitee, der Madamm Sarah Kolber, hält de Conseil déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2024-2025 fest, sou wéi de Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) 2024-2025 an och de Plan de Développement Scolaire (PDS) 2024-2027.

Mat 2 Stëmmen dofir (Häre Lucien Brosius a Dan Moura), 3 Stëmmen dogéint (Madamm Isabel Fernandes an Hären Eric Durrer a Kevin Olinger) a 4 Enthaltungen, verwerft de Conseil en Devis an Héicht vun 137.500,- € hors TVA betreffend de Embau vum Parking an der "Rue du Moulin" zu Fëschbech.

- De Conseil approuvéiert d'Devise betreffend
- d'Renovatioun vum ale Gebai vum Lokalveräin zu Schous an Héicht vun 100.000 € ttc, an

- ttc, et
- le réaménagement de l'aire de jeu de l'aire de jeu de la crèche sise à Schoos, le devis s'élevant à 30.000 € ttc.

Le conseil décide d'approuver le règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre (SIDEDEC) tel qu'il fut arrêté par le Comité du SIDEDEC, en date du 15 avril 2024.

Avec 8 voix pour et 1 voix contre (M. Kevin Olinger), le conseil approuve le règlement communal taxe relatif à la gestion des déchets assurée par le SIDEDEC.

Le conseil approuve un compromis de vente portant sur l'acquisition d'une emprise d'environ 0,90 ares, sise à Fischbach lieu-dit « Muehlenberg ».

Le conseil communal adopte les statuts de l'association « Association Florian Cœur Luxembourg ».

Communications diverses :

- Les conseillers fixent une date pour visiter les bâtiments communaux.
- Le bourgmestre informe le conseil que dans le cadre du plan de développement rural (PDR) le collège échevinal envisage l'organisation d'un workshop avec la participation des habitants pour définir les nouvelles destinations de l'ancienne station d'épuration à Fischbach et de l'aire de jeu à Angelsberg.
- La journée « pacte nature » aura lieu à Niederranven le 29 juillet 2024.
- Mme Brosius-Kolber informe le conseil du nouveau projet LEADER « EME (écouter pour mieux entendre) »
- Mme Brosius-Kober, accompagné du directeur du Blannenheem a eu une entrevue avec l'immobilière promouvant le projet CIPA du PAP « um Béchel ». Le conseil d'administration est en charge de la suite à donner.
- Il est rappelé que les barrages de certains chemins forestiers par des chaines a été fait dans le cadre de la protection des sources. La visibilité des chaines pour garantir la sécurité des randonneurs et des cyclistes n'a pas encore été améliorée.
- M. Schiltz informe le conseil que la commission pour la promotion de produits locaux, équitables et biologiques organisera le 7 juillet prochain un shared pique-nique avec randonnée.

- d'Neigestaltung vun der Spillplaz vun der Crèche zu Schous an Héicht vun 30.000 € ttc.

De Gemengerot hält d'Offallreglement, dat vum Syndicat Intercommunal fir d'Gestioun vun den Hausoffäll vum Norden an Zentrum (SIDEDEC) assuréiert gëtt, esou wéi et vum Comité vum SIDEDEC de 15. Abrëll 2024 festgehalen gouf, un.

Mat 8 Stëmme dofir an enger Stëmm dogéint (Här Kevin Olinger) approuvéiert de Gemengerot d'Taxereglement betreffend d'Gestioun vun den Offäll, déi vum SIDEDEC assuréiert gëtt.

De Conseil approuvéiert e Compromis betreffend de Kaf vun enger Emprise vun ongeféier 0,90 Ar zu Fëschbech ("Muehlenberg").

De Gemengerot hält d'Statute vun der Associatioun « Association Florian Cœur Luxembourg » un.

Verschidde Matdeelungen:

- D'Conseillere setzen en Datum fest fir d'Gemeengebaier kucken ze goen.
- De Buergermeeschter deelt mat, dass de Schäferot wëlles huet an engem Workshop mat den Awunner iwwert d'Zukunft vum Site vun der aler Kläranlag zu Fëschbech an der Spillplaz zu Angelsberg ze diskutéieren, dëst am Kader vum Plan de Développement Rural (PDR).
- Den "NaturPakt-Dag" fënnt den 29. Juli 2024 zu Nidderaanwen statt.
- D'Madamm Brosius-Kolber informéiert de Gemengerot iwwert den neie LEADER Projet "EME (lauschtere fir besser ze verstoen)".
- D'Madamm Brosius-Kolber hat, zesumme mam Direkter vum Blannenheem, e Gespréich mat der Immobilière, déi de Projet CIPA vum PAP "um Béchel" promovéiert. De Verwaltungsrot ass zoustänneg fir déi weider Schrëtt.
- Et gëtt drun erënnert, dass am Kader vum Quellschutz e puer Bëschweeër mat Kette gespaart goufen. D'Sichtbarkeet vun de Ketten, fir d'Sécherheet vun de Wanderer an de Cyclisten ze garantéieren, gouf nach net verbessert.
- Den Här Schiltz informéiert de Gemengerot, datt d'Kommissioun fir d'Promotioun vu lokale, fairen a biologesche Produiten de 7. Juli e Shared-Picknick mat enger Wanderung organiséiert.

Séance publique du conseil communal du 19 juin 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc (àpd point 2) – conseillers

Excusés: /

Le conseil communal prend connaissance du rapport annuel « pacte nature » tel que présenté par Monsieur Pierre Feipel, conseiller pacte nature de la Commune de Fischbach.

Le conseil approuve le plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2025, avec les recettes et dépenses suivantes :

	DÉPENSES	RECETTES
Gestion durable des forêts	63.500,00	110.550,00
Protection de la nature	18.000,00	19.100,00
Ressources cynégétiques		9.000,00
Sensibilisation	5.000,00	
Surveillance et police	1.500,00	
Logistique et personnel	17.500,00	
TOTAL	105.250,00 €	138.600,00 €

Le conseil approuve les titres de recette pour l'année budgétaire 2024 en hauteur de 896.572,84 €.

Le conseil décide de maintenir pour l'année 2025 le même taux de l'impôt commercial et de l'impôt foncier.

Le conseil approuve le contrat de travail à durée indéterminée, signé avec Monsieur Sven Moritz de Christnach, comme salarié à tâche manuelle.

Le conseil approuve la convention pour la prise en charge des coûts de collecte, de nettoyage, de transport et du traitement de certains produits en plastique avec l'a.s.b.l. « Valorlux ».

Le conseil approuve des décomptes relatifs

- au remplacement des chaises de bureau
Total des devis approuvés: 4.680,00 €
Total de la dépense effective: 4.012,64 €
- à l'acquisition/remplacement de divers outillages et machines pour le service de régie:
Total des devis approuvés: 22.464,00 €
Total de la dépense effective: 18.360,78 €

De Gemengerot hält de järeleche Rapport vum "Naturpakt" zur Kenntnis, sou wéi e vum Här Pierre Feipel, Naturpakt-Beroder vun der Gemeng Fëschbech, virgestallt gouf.

De Conseil approuvéiert de Forstverwaltungsplang 2025, mat folgenden Einamen an Ausgaben:

De Conseil approuvéiert Einnahme fir d'Budgetsjoer 2024 an Héicht vun 896.572,84 €.

De Conseil entscheed fir d'Joer 2025 de selwechten Taux vun der Gewerbe- an der Grondsteuer bäizebehalen.

De Gemengerot heescht den Aarbechtskontrakt vum Här Sven Moritz vu Chrëschtnech als Gemeengenaarbechter gutt.

De Conseil approuvéiert d'Konventioun fir d'Iwwerhuele vun de Käschte fir d'Sammlung, d'Botzen, den Transport an d'Behandlung vu bestëmmte Plastikproduiten, mat der a.s.b.l. « Valorlux ».

De Conseil approuvéiert d'Decomptë betreffend

- d'Ersetze vun de Bürosstill
Total vun den Devisen: 4.680,00 €
Total vun der effektiver Depense: 4.012,64 €
- d'Uschafung / d'Ersetze vu Schaffgeschier a Maschinne fir de Gemengenatelier:
Total vun den Devisen: 22.464,00 €
Total vun der effektiver Depense: 18.360,78 €

Séance publique du conseil communal du 24 juillet 2024

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel et SIMON Marc – conseillers

Excusés: JAWORSKI David et OLINGER Kevin – conseillers

Le conseil communal approuve un devis concernant la mise en souterrain du réseau aérien moyenne tension entre Angelsberg et Schoos s'élevant à 80.000 € ttc et approuve un crédit extraordinaire de la même somme.

Le conseil approuve un devis s'élevant à 1.500.000 € et concernant le réaménagement de la « Rue du Berger ».

Le conseil approuve un crédit extraordinaire supplémentaire de 22.000 € pour l'acquisition de meubles pour les classes de l'enseignement précoce.

Le conseil communal décide de changer partiellement le règlement de circulation comme suit :

- a. à Fischbach , la vitesse de conduite dans la rue « im Batz » sera réduite de 50km/h à 30 km/h ;
 - le déplacement du passage piéton à une distance de cinq mètres par rapport à la « rue Grande-Duchesse Charlotte » ;
 - mise en place de deux bacs à fleurs avec marquage au sol à la hauteur des maisons 24c et 26, « rue Grande-Duchesse Charlotte » ;
- b. à Angelsberg, la vitesse de conduite dans la « rue de l'Église », la « rue de l'École » et dans le « Géie Wee » sera réduite de 50km/h à 30 km/h ;
- c. la vitesse de conduite dans le hameau de Koe-dange sera réduite de 90km/h à 30 km/h ;
- d. la vitesse de conduite au Schiltzbierg sera réduite de 50km/h à 30 km/h ;
- e. à Schoos, la vitesse de conduite entre la sortie du village de la rue « Laang Roepper » jusqu'au croisement avec la « rue de Rollingen » sera réduite de 90km/h à 50 km/h.

Le conseil approuve les actes notariés suivants:

- un acte notarié d'échange concernant 4 parcelles sises à Fischbach aux lieux-dits « in der Hoh » et « rue St. Nicolas » ;
- un acte concernant l'acquisition d'un terrain à Fischbach lieu dit « Muehlenberg » ;
- une acte concernant l'acquisition d'une maison

De Gemengerot hält en Devis an Héicht vun 80.000 € ttc un, fir d'Kabele vun der Mëttelspannungsfreileitung tëscht Angelsbiërg a Schous ënnerierdesch ze verleeën a stëmmt och engem ausseruerdentleche Kredit vun derselwechter Zomm zou.

De Conseil stëmmt engem Devis am Wäert vun 1.500.000 € zou, betreffend de Reamenagement vun der « Rue du Berger ».

De Rot stëmmt engem zousätzlechen ausseruerdentleche Kredit vun 22.000 € zou fir d'Uschafung vu Miwwel fir d'Klasse vum Precoco.

De Gemengerot decidéiert d'Verkéisersreglement deelweis wéi follegt ze änneren:

- a. zu Fëschbech gëtt d'Vitess an der Strooss "im Batz" vu 50 km/h op 30 km/h reduzéiert;
 - de Foussgängerpassage gëtt op eng Distanz vu fënnf Meter vun der "rue Grande-Duchesse Charlotte" verréckelt;
 - op der Héicht vun den Haiser 24c an 26 an der "rue Grande-Duchesse Charlotte" ginn 2 Blummebacken opgeriicht mat Markéierung um Buedem;
- b. zu Angelsbiërg gëtt d'Vitess an der "rue de l'Église", "rue de l'École" an am "Géie Wee" vu 50 km/h op 30 km/h reduzéiert;
- c. d'Vitess zu Kéideng, aktuell 90 km/h, gëtt op 30 km/h reduzéiert;
- d. d'Vitess um Schiltzbierg vu 50 km/h op 30 km/h reduzéiert;
- e. zu Schous gëtt d'Vitess tëscht der Ausfaart vum Duerf an der rue "Laang Roepper" bis zur Kräizung mat der rue de Rollingen, aktuell 90 km/h, op 50 km/h reduzéiert.

De Conseil hält follgend notariel Akten un:

- en Tauschakt betreffend 4 Parzellen zu Fëschbech "in der Hoh" an an der "rue St. Nicolas";
- en Akt betreffend de Kaf vun engem Terrain zu Fëschbech um "Muehlenberg";
- en Akt betreffend de Kaf vun engem Wunnhaus zu Schous, rue du Puits Nr 3 (6 Stëmmen do-

Le conseil communal décide, avec 7 voix pour et 2 voix contre (MM. Kevin Olinger et Marc Simon), de modifier partiellement le règlement de circulation comme suit :

- à Schoos, la vitesse de conduite dans la « rue de l'École, la « rue du Puits » et la rue « Laang Roepper » sera réduite de 50km/h à 30 km/h ;
- aux entrées des mêmes rues, les panneaux de signalisation « Fraiwëlleg 30 » seront remplacés par le signal « limitation de vitesse 30 » ;
- mise en place de deux bacs à fleurs avec marquage au sol à la hauteur des maisons numéros 1 et 3 dans la « rue de l'Ecole ».
- mise en place de deux bacs à fleurs avec marquage au sol à la hauteur de la maison numéros 8 dans la « rue du Puits » ;
- mise en place de deux bacs à fleurs avec marquage au sol à la hauteur des maisons numéros 1 et 3 dans la rue « Laang Roepper ».

Le conseil confirme deux règlements de circulation temporaires d'urgence édictés par le collège échevinal.

Le conseil communal fixe un règlement de circulation temporaire à la rue « Hauptstrooss » à Schoos pour cause d'un chantier du 25 juin au 16 juillet 2024.

Communication diverses :

- Le bourgmestre demande l'avis du conseil quant à l'acquisition de forêts récemment proposée à l'administration communale. Le conseil est d'avis qu'il n'est pas nécessaire d'en acquérir à un prix trop élevé.
- Une visite de quelques forêts communales avec le préposé de la nature et des forêts – triage de Larochette, Monsieur Olivier Molitor est fixée.
- Les prochaines scéances du conseil communal sont fixées.
- Le bourgmestre informe le conseil que la porte-ouverte de la station d'épuration à Angelsberg du samedi 15 juin 2024 a été un succès.
- M. Olinger s'enquiert sur le dossier d'emprise de la rue de Rollingen a Schoos. Le bourgmestre confirme que l'Administration du Cadastre et de la Topographie de Mersch finalisera le dossier sous peu et que dès réception et contrôle il sera transmis à un notaire.
- M. Jaworski s'enquiert sur la possibilité du vote par procuration en cas d'empêchement. La secrétaire communale transmettra les informations nécessaires aux conseillers.
- M. Durrer s'enquiert sur la date de clôture de la rédaction pour le « Gemeindeblatt » : 31.07.

De Gemengerot decidéiert mat 7 Stëmmen dofir an 2 Stëmmen dogéint (Häre Kevin Olinger a Marc Simon), d'Verkéisersreglement deelweis wéi follegt ze änneren:

- Zu Schous gëtt d'Héchstgeschwindegkeet an der "Rue de l'École", der Rue du Puits an der Strooss Laang Roepper vu 50 km/h op 30 km/h rofgesat;
- Am Agang vun de selwechte Stroosse ginn d'Verkéisersschëlde "Fräiwëlleg 30" duerch d'Signal "Vitess limitéiert op 30" ersat;
- op der Héicht vun de Haiser Nummer 1 an 3 an der Rue de l'École ginn 2 Blummebacken opgeriicht mat Markéierung um Buedem;
- op der Héicht vum Haus Nummer 8 an der "Rue du Puits" ginn 2 Blummebacken opgeriicht mat Markéierung um Buedem;
- op der Héicht vun den Haiser Nummer 1 a 3 an der Strooss "Laang Roepper" ginn 2 Blummebacken opgeriicht mat Markéierung um Buedem.

De Conseil bestätegt zwee temporär Verkéisersreglementer, déi vum Schäfferot hu missen d'Urgence geholl ginn.

De Gemengerot stëmmt en temporäert Verkéisersreglement fir d'Hauptstrooss zu Schous wéinst engem Chantier vum 25. Juni bis de 16. Juli 2024.

Verschidde Matdeelungen:

- De Buergermeeschter freet d'Meenung vum Gemengerot fir eventuell Bëscher ze kafen, déi d'Gemeng viru kuerzem proposéiert krut. De Conseil ass der Meenung, datt et net néideg ass Bëscher zu engem ze héije Präis ze kafen.
- Et gouf eng Visitt mam Fierschter, dem Här Olivier Molitor, vun de Gemeengebëscher festgeluecht.
- Déi nächst Sëtzunge vum Gemengerot gi festgeluecht.
- De Buergermeeschter informéiert de Conseil, datt d'Porte-ouverte vun der Kläranlag zu Angelsbiërg vum Samschdeg, 15. Juni 2024, e Succès war.
- Den Här Olinger freet nom aktuelle Stand vum Dossier betreffend d'Emprise an der Rue de Rollingen zu Schous. De Buergermeeschter confirméiert, datt d'Kadasterverwaltung vu Miersch den Dossier geschwé finaliséiere wäert an datt en, soubal en ukomm a kontrolléiert ass, un en Notaire weidergeleet gëtt.
- Den Här Jaworski freet no der Méiglechkeet fir per Procuratioun kënnen ofzestëmme falls ee verhënnert ass. D'Gemengesekretärin gëtt déi néideg Informatiounen weider un d'Conseillere.
- Den Här Durrer freet nom Redaktiounschluss vum Gemeindeblatt: 31.07.

d'habitation à Schoos, rue du Puits n° 3 (6 voix pour et une abstention [Mme Marianne Brosius Kolber]);

- un acte relatif à la constitution d'une servitude à Angelsberg, lieu-dit « rue de Schoos », avec Creos Luxembourg S.A..

- Le conseil approuve des décomptes relatifs à :
- l'acquisition d'outillage pour véhicule de manutention
Total des devis approuvés: 15.000 €
Total de la dépense effective: 14.714,46 €
 - remplacement de mobilier au Veräinshaus
Total des devis approuvés: 30.000 €
Total de la dépense effective: 28.885,75 €
 - la révision du PAG : nouvelle procédure
Total des devis approuvés: 99.709,35 €
Total de la dépense effective: 218.497,34 €
 - réaménagement de la cour de récréation : phase 2
Total des devis approuvés: 59.991,75 €
Total de la dépense effective: 55.042 €

Avec 5 voix pour, une contre (Mme Marianne Brosius-Kolber) et une abstention (M. Marc Simon), le conseil approuve un compromis de vente portant sur l'acquisition de deux parcelles de forêt au montant de 20.000 €.

Le conseil communal approuve deux contrats de bail concernant des appartements sis à 26, Rue de l'Église à Angelsberg.

Le conseil ratifie un contrat de concession de sépulture du columbaire au cimetière à Meysembourg.

Avec 6 voix positives et une abstention (M. Dan Moura), le conseil accorde un subside de 500 € au BBC Arantia.

Avec une voix positive, une abstention (M. Dan Moura) et cinq voix contre (MM Lucien Brosius, Eric Durrer, Kevin Olinger, Laurent Schiltz, Marc Simon), le conseil décide de ne pas vouloir adhérer au pacte communal du vivre-ensemble. De même ils refusent d'adhérer au service d'un conseiller/ère régional/e « du vivre-ensemble » proposé par le Natur- & Geopark Möllerdall.

- Communication diverses :
- Le bourgmestre demande l'avis du conseil quant à l'acquisition éventuelle de deux terrains dans la zone verte, jouxtant la forêt communal. Le conseil est d'avis que l'acquisition ne devrait en aucun cas dépasser l'expertise (2.513 €) de l'administration de l'administration de la nature et des forêts (ANF). Le bourgmestre prendra contact avec le propriétaire pour discuter de la suite à donner au dossier.

fir an eng Enthalung [Mme Marianne Brosius Kolber]);

- en Akt betreffend eng Servitude zu Angelsbierg, an der "rue de Schoos", mat Creos Luxembourg S.A.

- De Conseil approuvéiert d'Decomptë betreffend
- d'Uschafung vun Handwierksgeschier fir en Transportwon
Total vun den Devisen: 15.000 €
Total vun der effektiver Depense: 14.714,46 €
 - d'Ersetze vu Miwwel am Veräinshaus:
Total vun den Devisen: 30.000 €
Total vun der effektiver Depense: 28.885,75 €
 - d'Revisioun vum PAG: nei Prozedur
Total vun den Devisen: 99.709,35 €
Total vun der effektiver Depense: 218.497,34 €
 - d'Neigestaltung vum Schoulhaff: Phas 2
Total vun den Devisen: 59.991,75 €
Total vun der effektiver Depense: 55.042 €

Mat 5 Stëmmen dofir, enger dogéint (Mme Marianne Brosius-Kolber) an enger Enthalung (M. Marc Simon), hält de Rot e Compromis de Vente un fir zwou Bëschparzellen am Wäert vun 20.000 € ze kafen.

De Gemengerot hält zwee Locatiounsverträge betreffend Appartementer op 26, Rue de l'Église zu Angelsbierg un.

De Conseil hält e Konzessiounsvertrag fir eng Plaz am Columbarium um Kierfecht zu Meesebuerg un.

Mat 6 Stëmmen dofir an enger Enthalung (M. Dan Moura), accordéiert de Gemengerot e Subsid vu 500 € fir de BBC Arantia.

Mat enger Stëmm dofir, enger Enthalung (M. Dan Moura) a fënnef Stëmm dogéint (MM Lucien Brosius, Eric Durrer, Kevin Olinger, Laurent Schiltz, Marc Simon), decidéiert de Gemengerot dem kommunale Pact vum Zesummeliwwen net bäizetrieden. Dat selwecht gëlt fir de Service vun engem regionale Beroder "vum Zesummeliwwen", dee vum Natur- & Geopark Möllerdall proposéiert gouf.

- Verschidde Matdeelungen:
- De Buergermeeschter freet d'Meenung vum Gemengerot fir eventuell zwee Terrainen an der Gréngzon, déi un de Gemengebësch grenzen, ze kafen. De Gemengerot ass der Meenung, dass de Kaf net däerf de Schätzwert vun der Natur- a Forstverwaltung (ANF) iwwerschreiden (2.513 €). De Buergermeeschter wäert de Besëtzer kontaktéiere fir d'Weiderféierung vum Dossier ze diskutéieren.

- Mme Marianne Brosius-Kolber informe le conseil que les deux régions LEADER Centre-Ouest et Möllerdall avaient invité en date du 7 juillet 2024 à l'inauguration du projet « Découvrez l'Ouest & la région Möllerdall » à Ansembourg. Pour motiver davantage les enfants (5-10 ans) à participer aux randonnées en familles, 20 circuits découverte ont été aménagés qui racontent des histoires passionnantes sur les géants et dragons. Chaque tour comporte un point fort, p.ex. un château, une formation rocheuse autour de laquelle tourne l'histoire. Pour garantir que la randonnée ne paraisse pas trop longue pour les enfants, des énigmes ou d'autres petites tâches sont à résoudre. Les circuits sont téléchargeables sur visitluxembourg.lu ainsi que sur les sites des acteurs locaux.
- D'Mme Marianne Brosius-Kolber informéiert de Gemengerot, dass déi zwou Leader-Regiounen Centre-Ouest a Möllerdall de 7. Juli 2024 op d'Aweigung vum Projet « Entdeckt de Westen an d'Regioun Möllerdall » zu Ansembourg invitéiert haten. Fir d'Kanner (5-10 Joer) méi ze motivéieren, mat hiren Elteren op Wanderungen deelzehuelen, goufen 20 Entdeckungs-Circuiten aménagéiert, déi spannend Geschichten iwwer Risen a Draachen erzielen. All Tour huet en Highlight, z.B. e Schloss, eng Fielsformatioun ëm déi d'Geschicht dréint. Fir sécherzestellen, dass d'Wanderung net ze laang fir d'Kanner erschénkt, musse si Rätselen oder kleng Aufgabe léisen. D'Circuite kann een op visitluxembourg.lu souwéi op de Sitte vun de lokalen Acteuren eroflueden.

Neie Mataarbechter



Den 1. Juli 2024 huet eise Schäfferot dem Sven Moritz vu Chrëschtnech alles Guddes op sengem éischte Schaffdag als Gemengenaarbechter am Service Regie gewénscht.

Règlements communaux

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les délibérations du conseil communal ci-après sont portées à la connaissance du public :

Décision du conseil communal	Objet	Date d'approbation ministérielle	Date de publication	Publication Mémorial
17.04.2023	Assainissement des eaux (articles 1-51 & 53-54)	06.07.2023	19.10.2023	01.02.2024
24.08.2023	Assainissement des eaux « sanctions pénales » (article 52)	11.10.23	19.10.2023	01.02.2024
13.12.2023	Modification du règlement concernant les autorisations de déroger aux heures normales d'ouverture des débits de boissons alcooliques à consommer sur place (nuits blanches)	/	21.12.2024	01.02.2024
07.02.2024	Modification de la taxe pour les heures de travail des ouvriers communaux prestées au service de tierces personnes	02.05.2024	06.05.2024	23.07.2024
07.02.2024	Modification du règlement concernant l'utilisation de la night card	06.03.2024	26.02.2024	11.04.2024
20.03.2024	Règlement d'ordre intérieur réglant les relations de la commune avec les associations locales	/	02.08.2024	/
17.04.2024	Taxes à percevoir sur les autorisations à bâtir	Arrêté grand-ducal 01.07.2024	09.07.2024	27.08.2024
22.05.2024	Gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SİDEC	10.06.2024	17.06.2024	/
22.05.2024	Gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SİDEC – taxe communal	14.06.2024	17.06.2024	27.08.2024

Veuillez noter que les règlements peuvent être consultés sur notre site internet www.fischbach.lu

Visite mam Fierschter



Eise Fierschter, den Olivier Molitor, huet dem Gemengeconseil den 18. Juli, am Kader vun enger Visite am Bësch an der Fëschber Säitert, seng Aarbecht gewisen an erkläert.

Lotissement de terrains

Le conseil communal de la commune de Fischbach a délibéré, conformément à la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, article 29 (1) paragraphes 4 et 5, sur les demandes de lotissement de terrains comme suit :

Date de la séance	Demande introduite par	Section cadastrale	N° des parcelles	Adresse / lieu-dit	Nombre de lots décision	Décision
29.11.2023	M. Rick Stein	A de Fischbach	386/1072	rue du Berger	1 → 2	approuvé
29.11.2023	M. Rick Stein	A de Fischbach	383/2359	rue du Berger	1 → 2	approuvé
07.02.2024	AC Fischbach	A de Fischbach	192/808	in der Hoh	1 → 4	approuvé
07.02.2024	AC Fischbach	A de Fischbach	sans n°	in der Hoh	1 → 1	approuvé
07.02.2024	AC Fischbach	A de Fischbach	sans n°	rue St. Nicolas	1 → 2	approuvé
20.03.2024	AC Fischbach	E d'Angelsberg	380, 380/455 et sans n°	op der Héicht	3 → 4	approuvé
20.03.2024	AC Fischbach	D de Schoos	103/618, 103/619 et sans n°	op der Héicht	3 → 7	approuvé
22.05.2024	AC Fischbach	E d'Angelsberg	380 et 380/455	op der Héicht	2 → 1 supplémentaire	approuvé

Lesdites délibérations ont été publiées et affichées en bonne et due forme aux endroits usités.

Fuerpark Service Régie

Den 18. Juli huet de Gemengenatelier eng nei Camionnette an en neien Unhänger fir säi Fuerpark kritt. Dës goufe vum Conseil an dem ganze Personal ageweih.



Adventsfenster

Fenêtre de l'avent

KOMMISSION VUM ZESUMMELIEWEN



D'Kommissioun vum Zesummeliwwen vun der Gemeng Fëschbach organiséiert am Dezember d'Aktioun "Adventsfenster". D'Aktioun ass **vum 1. bis 24. Dezember, ëmmer vun 18.00 - 20.00 Auer**.

Wann dir eng Adventsfenster maache wëllt, da mellst iech op der Emailadress **laurent.schiltz@acfischbach.lu**.

Gidd w.e.g. mat un:

- Datum vun der Fënster
- Stëll oder aktiv Fënster*
- Adress
- Är Telefonsnummer

* **Stëll** = eng flott dekoréiert Fënster

Aktiv = eng flott dekoréiert Fënster + e Patt, eppes ze iessen, Musek, Lagerfeier, Geschicht, ...

An Ärer Fënster muss den Datum vum Dag integréiert sinn (also 12 fir den 12. Dezember) a vum Startdatum un, all Owend vun 18.00 Auer u beliicht sinn. Et wier flott, wann d'Fënstere bis de 6. Januar dekoréiert a beliicht géife bliwen.

Eng Lëscht vun all de Fënstere, sou wéi d'Adresse vun de Leit déi matmaachen, gëtt Enn November un all Haushalt verdeelt, um Internetsite www.acfischbach.lu an um Facebook-Site vun der Gemeng Fëschbach verëffentlecht.

La Commission de vivre ensemble de la Commune de Fischbach organise l'action "Fenêtre de l'avent" en décembre. L'action se déroulera **du 1^{er} au 24 décembre, toujours de 18h00 à 20h00**.

Si vous souhaitez décorer une fenêtre de l'Avent, inscrivez-vous via l'adresse mail **laurent.schiltz@acfischbach.lu**.

Veuillez indiquer :

- Date souhaitée de la fenêtre
- Fenêtre silencieuse ou active*
- Adresse
- Votre numéro de téléphone

* **silencieuse** = une fenêtre belle décorée

active = une fenêtre belle décorée + pot d'amitié, qqc à manger, musique, feu de camp, histoire, ...

La date du jour doit être intégrée dans la fenêtre (c.à.d. 12 pour le 12 décembre) et les fenêtres sont illuminées dès leur date respective, chaque soir à partir de 18 heures. Les fenêtres devront être décorées et restées éclairées jusqu'au 6 janvier.

Une liste de toutes les fenêtres ainsi que les adresses des gens y participant sera distribuée fin novembre à tous les ménages, publiée sur le site internet www.acfischbach.lu et sur la page Facebook de la commune de Fischbach.

Prime scolaire



Eng Schoulprimm gëtt akkordéiert fir:

- d'Schüler/innen déi e **Secondairesdiplom** oder en **Technikerdiplom** kruten;
- d'Léierbouwen/meedercher, déi ë **CCP, DAP** oder eng **Meeschterprüfung** absolvéiert hunn;
- d'Studenten/innen, déi en Ofschloss um Niveau vum **BTS, Bachelor** oder **Master** gemaach hunn.

Fir d'Primm fir d'Joer 2023/2024 kënnen ze kréien, muss d'Demande mat den néidegen Dokumenter bis spëtstens den **1. Dezember 2024** agereecht ginn, soss ass se net méi gültig.

De Formulaire fir d'Demande kann op eiser Internetsäit www.acfischbach.lu erofgeluede ginn oder Dir kënnt en an de Populationsbüro vun der Gemeng siche kommen.

Une prime scolaire est allouée:

- aux élèves ayant obtenu un **diplôme de fin d'études secondaires**, soit du **diplôme de technicien**;
- aux apprentis ayant obtenu le **CCP, DAP** ou le **brevet de maîtrise**;
- aux étudiants ayant obtenu un diplôme du niveau de **BTS, bachelor** ou **master**.

Pour pouvoir bénéficier des primes pour l'année 2023/2024 la demande y relative, ainsi que toutes les pièces à l'appui nécessaires, doivent parvenir à l'administration communale pour le **1^{er} décembre 2024** au plus tard, sous peine de forclusion.

Le formulaire de demande peut être téléchargée sur notre site internet www.acfischbach.lu ou être récupéré au bureau de la population à l'administration communale.

"Drëpsi"-Zertifikat

17.04.2024 LËTZEBUERG

De 17. Abrëll krut d'Gemeng Fëschbach, als eng vu wéinege Gemenge vum Land, vum Minister fir d'Ëmwelt, d'Klima an d'Biodiversitéit, dem Serge Wilmes, de Goldlabel fir hiert Engagement an der Ressource, dem Traitement, dem Stockage an der Distributioun vun hirem Drénkwaasser iwwerrecht.



Concert an der Fëschber Kierch

CHORALE & KOMMISSIOUN VUM ZESUMMELIEWEN 28.04.2024 FËSCHBECH

Den 28. Abrëll 2024 hat d'Chorale Fëschbech-Angelsbiërg-Schous an d'Kommissioun vum Zesummeliewen op en Uergel a Klarinette-Concert an der Fëschber Kierch invitéiert. Viru ronn 50 Visiteuren hunn d'Jeanne Dondlinger (Klarinett) an de Robert Depta (Uergel) Wierker vum Johann Sebastian Bach gespillt. A gemittlecher Ronn gouf nom Concert nach e Patt am Gemengenhais offréiert.

Text: Laurent Schiltz

Fotoen: Roger Kolber



Buergermeeschterdag

13.05.2024 MUNNEREF

62 vun 100 Gemenge waren den 13. Mee mat iwwer 650 Leit um Buergermeeschterdag am Casino 2000 zu Munneref vertrueden. D'Gemenge Fëschbech, Fiels, Hiefenech an Noumer waren zesumme mam Bus dohi gefuer. Um Buergermeeschterdag sinn net nëmme d'Buergermeeschteren ageluede mee och d'Schäfferéit, d'Conseillere an d'Gemengepersonal.

De Buergermeeschterdag ass fir jiddereen eng gutt Geleeënheet fir dass d'Vertreieder vun de Gemenge sech kennen léieren an austausche kënnen. Ausserdeem goufe folgend Theme behandelt: de Koalitiounsverdrag, déi kommunal politesch Prioritéite vun dëser Regierung an de Bilan vun der "Soirée de dialogue" vum Minister Léon Gloden mat den "Elus locaux".



Nuit du Sport

KOMMISSIOUN VUM ZESUMMELIEWEN


08.06.2024 FILANO

Den 8. Juni 2024 hunn d'Gemenge Fëschbech, Fiels an Noumer zesumme un der landeswäiter Nuit du Sport deelgeholl. An Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum Zesummeliewen an de Veräiner aus de Gemenge konnte verschidde Sportarten ausprobéiert ginn. Eng ronn 180 Kanner an Erwuessener hunn de Wee an de "Centre Sportif Filano" fonnt fir bei dësem sportlechen Event mat ze maachen.

D'Atmosphär war vun Ufank u flott an d'Aktivitéite goufe mat vill Begeeschterung ugeholl. No de sportlechen Aktivitéiten hu vill Leit nach laang bei engem Maufel an engem Patt zesumme gesiess, gelaacht a sech ënnerhalen. Dëst huet gewisen, wéi wichteg esou Eventer fir d'Zesummeliewen an eiser Regioun sinn.

Mir wëllen all de Fräiwëllegen an de Veräiner, déi bei dëser Organisatioun gehollef hunn, e grouse Merci soen. Är Hëllef an Äert Engagement hunn dësen Owend méiglech gemaach. Mir freeën eis elo schonn op déi nächst "Nuit du Sport" an hoffen, dass nach méi Leit d'nächst Joer dobäi sinn.

Text: Laurent Schiltz / Eric Durrer



Aweiung STEP AngelsbiERG

14.06.2024 ANGELSBIERG

Dir erënnert lech vläicht nach, wou den 20. Mee 2021 den 1. Spuedestéch am Kader vum Projet "Modernisatioun an Erweiderung vun der Kläranlag AngelsbiERG" gemaach gouf (Gemengeblat September 2021).

Dëst Joer, de 14. Juni, war et dunn endlech souwäit an déi moderniséiert a vergréissert Kläranlag konnt ageweit ginn. Och d'Angsber Schoul war deen Dag op Visitt bei déi modern Kläranlag komm fir vun de Fachleit vum SIDERO (syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'ouest) d'Anlag erklärt ze kréien an och fir e kleng Rapport ze kréien wat alles an eist Ofwaasser duerf a wat net.

Als Verriedung vum Waasserwirtschaftsamt war d'Madamm Magalie Lysiak op der Plaz an d'Hären Abby Toussaint a Romain Kockelmann hunn de Büro vum SIDERO representéiert.

Hei e puer Informatiounen zur Anlag:

- d'Ofwaasser vun den Uertschaften AngelsbiERG a BierengerbiERG gëtt hei geklärt
- d'Kläranlag huet eng Kapazitéit vun 1250 EW (Einwohnergleichwerte),
- fir d'"Bierschbaach" ze schützen, gouf am Iwwerlafbecken e reng Riechsystem installéiert, deen de Knascht an d'Kläranlag befördert,
- an der mechanescher Virbehandlung kënn bis zu 20L/s (72m³/h) Waasser gefiltert ginn
- no der mechanescher Virbehandlung kënn d'Ofwaasser an d'biologesch Behandlung: e Belebtschlammverfahren,
- fir den Iwwerschossschlamm gouf e Schlamm-silo mat engem Speichervolume vun 69m³ gebaut,
- de Käschtepunkt vum Projet läit bei ronn 5,5 Mio. €, woubäi de Réckbau vun der aler Kläranlag mat abegraff ass.



Photo : SIDERO



Photo : SIDERO



Photo : SIDERO



Virowend vun Nationalfeierdag

22.06.2024 SCHOUS

Wéi gewinnt hunn sech d'Awunner vun der Gemeng Fëschbech um Virowend vun Nationalfeierdag getraff fir deen Dag ze feiern. Am Cortège mat de Pompjeeë gong et vum Haff vum Gemeengegebai an d'Fëschber Kierch. Nom Te Deum war nach eng Gedenkminutt beim Krichsmonument, wou och "d'Heemecht" gesong gouf.

Duerno ass et zu Schous am Veräinshaus "Op der Héicht" mat der offizieller Usprooch vum Buergermeeschter weidergaangen an uschlëssend goufen och dëst Joer nees eng Rëtsch Sportler aus der Gemeng geéiert:

- Am Basket goufen de Kinay Bento Rocha, de Lee Brosius, de Sam Brosius, de Mathis Dieterlen, de Luka Fernandes Mitrovic, de Borian Tymé, de Noé Tibold an de Sam Tibold "Champions de Luxembourg" bei de Cadets.
- Am Schwammen ass de Mike Weyrich Landesmeeschter an der Kategorie Junior am 400m Crawl ginn.
- Am Tennis gouf de Maxime Rodesch Champion am U18 Double (mam Gaël Guyon).
- Och am Tennis gouf de Chris Rodesch mat senger Equipe National Champion (NCAA) vun Amerika.
- Am Handball ass d'Joanne Rodesch 2023 an der Dammennationalequipe an huet och bei der Euro-Qualifikationskampagne all Match matgespillt.

- Am Billard gouf de Ramon Hamm Gewënner vun der Coupe de Luxembourg mat der ABL.
- Am Karate huet d'Maya Durrer déi éischt Plaz am Open International de Liège, am Championnat National Kumite Luxembourg, an der Coupe Internationale de Kayl an am Okami Cup Lintgen gewonnen.

Ausserdeem huet d'Schouklass vum Cycle 4.2 dëst Joer erëm de Präis fir déi beweeglechst Klass am Land op der Schoulfoire gewonnen.

Och bei de Pompjeeë goufe Leit geéiert:

- D'Leeschtungsofzeechen am Bronze krute bei de Jugendpompjeeën de Finn Brosius, den Noah da Luz, d'Mia Grotz, de Charel Hemmer, de Jago Lipscomb Weissen, d'Elena Tinetti-Bernard an de Chris Zwanck.
- De Jimmy Kolber krut d'Leeschtungsofzeechen am Sëlwer bei de Jugendpompjeeën.
- De Charel Karier krut d'Médaille du Mérite de la Sécurité civile am Bronze fir 10 Joer aktiven Déngscht.
- De Mike Karges krut d'Médaille du Mérite de la Sécurité civile am Sëlwer fir 15 Joer aktiven Déngscht.

No den Éierungen an de Rieden ass den Owend bei engem Patt an engem gudde Maufel gemittlech ausklénge gelooss ginn.



Lokal Produzenten a Betriber

KOMMISSIOUN VUM ZESUMMELIEWEN

AARBECHTEN AM A RONDERËM D'HAUS

DAUBENFELD FRÈRES SÀRL. – Daachdecker

 Henri & Jos Daubenfeld

 78 70 80

 www.daubenfeld.lu

 13, Am géie Wee
L-7410 Angelsberg

 info@daubenfeld.lu

GOVALUX – Nettoyage biologique des façades, toitures et alentours des maisons

 Oswald Schwall

 26 32 00 89

 www.govalux.lu

 20, Rue de Rollingen
L-7475 Schoos

 info@govalux.lu

HOMESSELL – Botzfirma

 28 70 19

 info@hls.lu

 www.hls.lu

 8, Rue de Mersch
L-7410 Angelsberg

PROGGON – Alarmanlagen / Elektresch / Informatik / Kameraiwwerwaachung

 Kelly Mariotto

 26 77 66 77

 www.proggon.lu

 13, Am Géie Wee
L-7410 Angelsberg

 info@proggon.lu

TOITURE CFC NEXT SÀRL. – Daachdecker

 Heino Schwarzenberger

 28 11 82

 www.cfcnext.lu

 8A, Rue de Mersch
L-7410 Angelsberg

 info@cfcnext.lu

DÉIEREN

CABINET VÉTÉRINAIRE DR SAMANTHA STORN – Veterinär

 Dr Samantha Storn

 26 32 14 39

 www.vetstorn.com

 16, Haaptstrooss
L-7475 Schoos

 vetstorn@gmail.com

 [Cabinet vétérinaire Dr Samantha Storn](#)

DÉIERENOSTÉOPATHIE SÀRL. – Ostéopathie fir Déieren (grouss a kleng) am Cabinet, Stall oder doheem

 Isabelle Krier

 691 881 827

 deierenosteopathie.lu

 7, Rue de l'Église
L-7410 Angelsberg

 isabelle.krier@deierenosteopathie.lu

 [Déierenosteopathie Isabelle Krier](#)

MC WEYER ASBL – Reitschoul

 Marcel Ewen

 621 244 884

 www.mcweyer.com

 Maison 1
L-6155 Weyer

 ewenmarcel@hotmail.de

GARAGEN

GARAGE ZIMMER & NEU – Autosgarage

 8A, Rue de Mersch
13, Am Géie Wee

 26 90 84 92

 www.gzn.lu

 info@gzn.lu

GASTRONOMIE

ANGELSTUFF – Café, Restaurant

 26 52 29 31

 angelstuff2023@gmail.com

 [Angelstuff cafe](#)

 14, Rue de Mersch
L-7410 Angelsberg

POPEYE'S BURGER SÀRL. – Food Truck

 Sandra Marcolino

 621 154 808

 popeyeburger@hotmail.com

 2, Rue de Mersch
L-7410 Angelsberg

IMMOBILIEN

EVERHOME PROPERTY – Immobilière

 Jenny Lam

 621 239 138

 thieuman.lam@everhome.lu

KONSCHT

LA MANO – Création de bijoux (en or et argent)

 Yann Lepinois

 621 729 801

 www.la-mano.lu

 contact@la-mano.com

MICHÈLE FINCK – Selwergemoolte Biller

 Michèle Finck

 691 483 283

 michele.finck@hotmail.com

 1, Um Buer
L-7475 Schoos

POWDERLOUNGE – Photographie (keng Passfotoen) & Make Up

 Carrie Fiorese

 621 264 422

 info@powderlounge.lu

 Rue du Berger
L-7430 Fischbach

LANDWIRTSCHAFT

MELKZENTER SA. – Technik fir d'Landwirtschaft, Stallariichtungen



32 06 31



melk@pt.lu



www.melkzenter.com



4a, Rue de l'École
L-7410 Angelsberg

LIEWENSMËTTTEL

ANGSBER BRENNEREI – artisanal Drëppen a Likören



Weis Camille &
Wirtz Martine



621 255 959



angsber_brennerei



Am Géiewee
L-7410 Angelsberg

DÉI GUTT DRËPS – Produzent vu Likören



Ramon Hamm



621 267 609



dei-gutt-dreps.jimdosite.com



48, im Batz
L-7430 Fischbach



deiguttdreps@yahoo.com

FERME HOLZMACHER – Fleesch vum Haff



Gilles Holzmacher



621 284 410



Angelsberg

GUISEPPE ROCCHIO – Produite vu Beien



Guiseppe (Sepp) Rocchio



621 272 883



rocchiog@pt.lu



9, Rue de Rollingen
L-7475 Schoos



D'Beienhaischen

KOLBER FELIX – Pâtisserie (Kuch, Taarten, Macarons)



Felix Kolber



621 740 598



kolfe295@icloud.com



16, Rue de Rollingen
L-7475 Schoos



Kolber Felix



felixkolber

PRIVAT SERVICER

BABYSITTING AN DE VAKANZEN – Garde des enfants pendant les vacances



Julie Max



621 643 861



maxju417@school.lu



3A, Op der Héicht
L-7475 Schoos

CHF FIDUCIAIRE – Comptabilitéit / steuerlech Berodung a Lounofrechnung



Claudine Harpes



621 589 110



www.chf-fiduciaire.lu



15, Im Batz
L-7430 Fischbach

Haies et clôtures

Le service technique de la commune de Fischbach fait un rappel à l'article 34 du "Règlement de Police" et l'article 13 (Clôtures en bordures du domaine public) du "Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites" (RBVS) .

Entretien des arbres, arbustes et plantes : Ce que vous devez savoir

Pour garantir la sécurité et le bon usage des espaces publics, il est important d'entretenir correctement les arbres, arbustes et plantes situés le long des voies publiques. Voici les règles à suivre :


- Taillage des branches :** Les propriétaires ou responsables des arbres, arbustes et plantes doivent les tailler régulièrement. Aucune branche ne doit empiéter sur les trottoirs, rues, rigoles ou autres espaces publics, ni gêner la visibilité.
- Délai pour l'entretien :** Si les travaux de taille ne sont pas effectués et que des branches gênent la circulation ou la visibilité, le bourgmestre fixera un délai pour les réaliser. En cas de non-respect de ce délai, la commune effectuera les travaux aux frais du propriétaire.
- Sécurité des plantes :** Il est essentiel de veiller à ce que les plantes, haies et arbustes ne présentent pas de danger pour la santé en cas d'ingestion, en particulier pour les enfants et les animaux.
- Exceptions pour les arbres protégés :** Le droit de couper les branches ou les racines ne s'applique pas aux arbres protégés par les lois sur la conservation de la nature, les sites et monuments nationaux, ainsi qu'aux arbres de bordure âgés de plus de 30 ans faisant partie d'une forêt de plus d'un hectare.

Ces mesures visent à assurer la sécurité et la tranquillité de tous les usagers des voies publiques. Merci de veiller à l'entretien régulier de votre végétation pour le bien de tous !




Clôtures en bordure du domaine public : Ce qu'il faut savoir


- Définition des clôtures en bordure du domaine public :** Une clôture est considérée en bordure du domaine public si elle se trouve dans une bande de 1,00 mètre de largeur à partir de la limite du domaine public.
- Types de clôtures autorisées :**
 - Les murets ou socles peuvent atteindre une hauteur maximale de 0,80 m.
 - Les haies, grillages ou clôtures ajourées peuvent mesurer jusqu'à 2,00 m de hauteur.
- Règles spécifiques près des accès carrossables et intersections :**
 - À proximité des accès carrossables (entrées de voitures), la hauteur maximale des clôtures est de 1,00 m, afin de garantir une bonne visibilité.



- Aux angles de rues, la hauteur maximale des clôtures est de 1 m dans un rayon de 3,00 m autour des intersections.



- Clôtures sur terrains en pente :** Des clôtures en escaliers sont permises, avec une augmentation possible de la hauteur de 0,50 m, tant que la moyenne des hauteurs respecte les limites indiquées précédemment.



H = hauteur réglementaire + 0,50m max.
Hm = hauteur réglementaire max.

- Murs de soutènement :** Leur taille (maximum 1,20 m) doit être planifiée pour minimiser les impacts sur le terrain et assurer la sécurité publique.
- Hygiène et sécurité :** Le bourgmestre peut imposer la mise en place de clôtures pour des raisons de sécurité ou d'hygiène et peut choisir le type de clôture à installer.

Ces règles visent à garantir la sécurité et l'esthétique des espaces en bordure du domaine public. Veuillez veiller à respecter ces dispositions lors de l'installation de vos clôtures.

Veuillez trouver ci-après l'article 34 du "Règlement de police" et l'article 13 du "RBVS". Les Règlements complets peuvent être consultés sur notre site internet www.acfischbach.lu.

ART. 34 (Règlement de police)

Les arbres, arbustes ou plantes sont à tailler par ceux qui en ont la garde, de façon qu'aucune branche ne gêne la circulation que ce soit en faisant saillie sur la voie publique (trottoirs, usoirs, rues, rigoles) ou en empêchant la bonne visibilité.

Dans le cas contraire, le bourgmestre fixera le délai dans lequel les travaux de taille devront être exécutés. En cas d'absence, de refus ou de retard des propriétaires, la commune pourvoira à l'exécution des travaux aux frais du propriétaire et sous sa seule responsabilité.

Il faut particulièrement veiller à ce que les plantes, haies et arbustes sont plantés qui ne soient pas dangereux pour la santé en cas d'ingestion par des personnes, surtout pour enfants, ainsi que pour animaux. Néanmoins, le droit de couper les racines et les branches ne s'applique pas aux arbres protégés par la législation sur la conservation de la nature ou la protection des sites et monuments nationaux ainsi qu'aux arbres de lisières, âgés de plus de trente ans et faisant partie d'un massif forestier de plus d'un hectare.

ART. 13 Clôtures en bordure du domaine public (RBVS)

Est considéré comme clôture en bordure du domaine public, toute clôture implantée dans une bande de 1,00 m de largeur, prise à partir de la limite parcellaire avec le domaine public.

Sans préjudice des prescriptions légales et réglementaires en vigueur en termes de permissions de voirie, les clôtures en bordure du domaine public peuvent prendre la forme :

- de socles ou de murets d'une hauteur de maximum 0,80 m par rapport au domaine public,
- de haies vives, de grillages ou de clôtures ajourées d'une hauteur de maximum 2,00 m par rapport au domaine public.

Aux abords des accès carrossables, dans un angle de 45° pris à partir d'une distance de maximum 5,00 m de la limite avec le domaine public, aux abords des accès carrossables la hauteur de toute clôture doit être de maximum 1,00 m. Dans le cas des haies, celles-ci doivent être régulièrement entretenues pour garantir le champ de visibilité.

Aux abords des angles de rues, la hauteur de toute clôture en bordure du domaine public est de maximum 1,00 m à moins de 3,00 m du point d'intersection entre la limite du domaine public et du domaine privé de chaque rue.

Dans le cas de voies en pente, des clôtures en escaliers sont autorisées. Les hauteurs définies ci-dessus peuvent alors être augmentées de maximum 0,50 m à condition que la hauteur moyenne de chaque élément de clôture n'excède pas les hauteurs maximales définies au deuxième alinéa.

Dans le cas des murs de soutènement, leur hauteur et leur longueur sont à planifier de manière à limiter au strict minimum les mouvements de terrain et les dénivellations par rapport au domaine public. Les clôtures qui ont pour objectif de protéger les personnes contre des chutes, doivent être entretenues de sorte à pouvoir remplir cette fonction en permanence.

Pour des raisons d'hygiène et de sécurité publiques, le bourgmestre peut ordonner la clôture de parcelles construites ou non construites, situées en bordure du domaine public et peut imposer le type de clôture. Le bourgmestre peut imposer un délai d'exécution raisonnable.

GEODIVERSITY DAY

Sonndes, de 6. Oktober 2024

guidéiert Wanderungen a Visitten uechter d'Land

Dimanche, 6 octobre 2024

randonnées et visites guidées à travers le Luxembourg

Weider Informatiounen **Plus d'infos**

www.naturpark-mellerdall.lu



Green Events

**GREEN.
EVENTS**

KLIMA- A NATURPAKTTEAM

23.04.2024 SCHOUS

Den 23. Abrëll 2024 gouf am Veräinshaus zu Schous en Informatiouns-Owend iwwer Greenevents organiséiert. Dës Initiativ steet fir méi nohalteg a méi ëmweltfrëndlech Evenementer. Invitéiert goufen all d'Associatiounen aus der Gemeng Fëschbech an den Nopeschgemengen. Insgesamt waren deen Owend iwwer 30 Persounen present.

Um Programm stungen 4 Presentatiounen an e flotten Austausch mat de Bierger. Romaine STRACKS huet d'Aktiounen vun der SuperDrecksKëscht presentéiert, déi am Kontext vun der Offallgestioun an der Mülltrennung realiséiert ginn. Des Weidere gouf Demarche Greenevents vum Oekozer Pafendall am Detail presentéiert. De Guy SCHILTZ vun der Associatioun FRËNN VUN CSÓKAKÓ ASBL huet en Erfahrungsbericht iwwer Greenevents presentéiert, inklusiv der Demande vum Label, de Subsidien an der Gestiou vun sou Evenementer.

De Luss BROSIUS huet als Vertrieeder vum SIDEK, d'Präsentatioun vum Projet „Re-use“ gehal. Zum Schluss huet Stephanie GOERGEN vum Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité de Gesetzepak iwwer d'Kreeslafwirtschaft virgestallt, souwéi déi aktuell an zukünfteg Obligatiounen zur Offallgestioun bei Evenementer.

Dësen Informatiounsowend war eng wichteg Geleeënheet fir déi lokal Associatiounen sech mat den neie Richtlinne vertraut ze maachen an och selwer konkret Initiativen ze ënnerhuelen. D'Associatioun FËSCHBER NOPESCHFEST ASBL huet de Greenevents-Logo fir hier Feier am Juni krut, während d'Associatioun APEF de Logo bei der Schoulfeier am Juli ausstelle konnt. Parallel sin Demande fir d'Kaarte beim SIDEK nom Event geklomm.

Dës Initiative sinn eng wichteg Etapp am Engagement vun der Gemeng Fëschbech am Kader vum Klima- an Naturpakt. D'Gemeng felicitéiert all d'Associatiounen fir hir Initiativen am Zesummenhang vun der Offallgestioun an encouragéiert se, dës Efforte weider ze verfolge.



Schleefe mam Päerd

22.05.2024 SCHOUS

Am Fëschber Gemeengebësch schleefe mir all Joer an där enger oder anerer Parzell d'Holz mam Päerd, wann d'Dimensioun vum Holz dat zouléisst. Dëst Joer hu mir elo an der Parzell 14 „In der Doebecht“ e Biche-Bestand duerchforst.

De Benoît Mathay huet sech der Saach mat sengem Päerd, dem Gamin, ugeholl. De Gamin ass elo 14 Joer al, a weit ongeféier 750-800 kg. Am Prinzip kann e Päerd souvill Gewiicht un Holz zéie wéi et selwer weit, dat heescht an dësem Fall also ongeféier eng $\frac{3}{4}$ Tonn. Dat geet awer nëmme wann d'Konditiounen ideal sinn (et duerf net biergop goen, et duerfen net ze vill Ennerwues an Äscht am Bestand dra leien asw). Besser ass et awer d'Päerd net u senger Belaaschtungsgrenz schaf-fen ze loossen, soss packt et deen normalerweis 7 Stonnendag net, an déi héich Belaaschtung ass och net gutt fir d'Gelenker.



Firwat schleefe mir mam Päerd? E Päerd ass natierlech vill méi wenneg wéi eng grouss Maschinn. E Päerd ass och vill méi liicht wéi eng Maschinn, an doduerch hu mer manner Buedemverdichtung, wouduerch d'Päerd vun de Schneisen, déi fir de Schleeftrakter virgesinn a gezeechent sinn, erofgoe kann, well et jo méi no bei de Bam muss fir en unzeträmen. Punkto Ëmweltschutz mécht e Päerd natierlech souzesoe kee Kaméidi, an et entstet keng Ofgasen duerch d'Verbrennen vu fossille Brennstoffen. Wann de Schlee-fert gutt oppasst, ass d'Gefor fir déi Beem déi am Bestand stoe bleiwen, méi niddreg fir beschiedegt ze ginn. En Nodeel fir mam Päerd ze schleefen ass, datt et méi deier gëtt wéi mat der Maschinn. Ma mëtt-lerweil ginn héich Subsidien ausbezuelt wann ee mam Päerd schleeft fir dat ze kompenséieren. E Päerd packt natierlech nëmme eng begrenzten Déckt vu Beem fir ze schleefen. Ma wa mam Päerd geschleeft gëtt, entsteet och e positiven Androck bei de Leit wa mer am Bësch schaffen an Holz haen.

Den 22. Mee 2024 waren eng ganz Partie Kanner matt hirem Léierpersonal dem Benoît mam Gamin iwwert d'Schëller kucke komm: d'Lara Papillo matt sengem Cycle 4.2, d'Jacquie Wagener, Mireille Garson an d'Carmen Bernotte mam Cycle 3.1, d'Katia Carvalho matt sengem Cycle 3 mixte, d'Sabrina Roob an d'Manon Schmit mam Cycle 3.2, an zu gudder Lëscht d'Sarah Kolber an d'Emilie Schmit mam Cycle 4.1. D'Begeescherung war grouss!



KlimaPakt-Dag

07.06.2024 KIERCHBIERG


D'Gemeng Fëschbech ass houfreg den drëtten Niveau an der Klimapaktsertifizéierung mat 65,5% erreecht ze hunn. No engem éischten Audit am Joer 2022, wou mir den zweeten Niveau mat 62,8% erreecht haten, hu mir eis Efforten intensivéiert an dëst Joer soumat den drëtten Niveau erreecht.

Eis Gemeng huet hir quantitativ Approche gestärkt duerch d'Aféierung vun Indicateuren an e strukturierten Energiekonzept vun hire Gebaier. Am Laf vum leschte Joer hu mir eis Beméiungen am Kader vum Klimapakt verstärkt, en allgemenge Kommunikationsplang an eng nohaltege Akaafscharta ausgeschafft. Mir hunn eng Biergerconsultatioun zum Thema Mobilitéit duerchgefouert, an ënnert anerem Informationsversammlungen iwwert d'Pakter an d'Kommissiounen souwéi iwwert Greenevents ofgehalen.

D'Klimateam vu Fëschbech, besteet aus engagierten a motivéierte Bierger. Sie hunn gemeinsam um Klimapakt-Dag 2024 deelgeholl. Dëst 12. Editioun, organiséiert vun der Klima-Agence, hat als Fokus d'Promotioun vun der Photovoltaik, d'Dekarboniséierung, d'Adaptatioun un de Klimawandel an d'Kreeslafwirtschaft. Eis Equipe huet u verschiddene Workshops deelgeholl, sech mat Experten ausgetosch an déi nei Zertifizéierung aus den Hänn vun de Ministerë Delles a Wilmes entgéintgeholl.

De Klimapakt-Dag huet 41 Gemengen ausgezeechent, déi wesentlech Fortschrétt am Klimapakt gemaach hunn. Dovun hunn insgesamt 15 Gemengen, dorënner och Fëschbech, den drëtten Niveau erreecht, a mir ware besonnesch frou iwwert eis Leeschtung vun 65,5%.

De Klimapakt ass ë wichtegt Instrument fir d'Gemengen, fir hir Klimapolitik lokal a regional ëmzesetzen. Duerch eis kontinuierlech Efforten droe mir substantiell zu den nationale Klimaziler bäi. Fir méi Informatiounen iwwer de Klimapakt besicht wgl. d'Internetsäit vun eiser Gemeng oder www.klima-agence.lu.



Kleine Tiere mit großer Leistung

12.06.2024 ANGELSBIERG

Das Naturpaktteam der Gemeinde Fischbach hat diesen Sommer in Zusammenarbeit mit dem Natur- & Geopark Möllerdall gleich drei Aktivitäten im Rahmen des Projekts „D’Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“ organisiert.

Am 12. Juni konnten die Bürgerinnen und Bürger der Gemeinde Fischbach die Wanderausstellung „INSEKTEN – Superhelden in Gefahr“ in der Angsber Schoul besuchen. Maurice Schilling, Mitarbeiter des Naturpark- & Geopark Möllerdall, führte die Interessenten durch die Ausstellung und gab zusätzliche Erklärungen bei den einzelnen Stationen. An zwei Schultagen wurde diese Führung für die Schülerinnen und Schüler der Angsber Schoul wiederholt. Um die Eindrücke der Wanderausstellung zu vertiefen und Sie zum Forschen anzuregen, wurde zusätzlich der sogenannte „Insektenkoffer“ an die Schule verliehen. Dieser enthält eine Vielzahl an Aktivitäten, Unterrichts- und Informationsmaterial zum Thema Insekten.



Diesen Sommer fand in der Schule von Angsber für die Einwohner der Gemeinde eine Führung durch die Ausstellung „INSEKTEN – Superhelden in Gefahr“ statt. © Commune_de_Fischbach

Die Wanderausstellung, welche in Zusammenarbeit der drei Naturparke mit dem Nationalmuseum für Naturgeschichte konzipiert und ausgearbeitet wurde, beleuchtet die Superkräfte und Einzigartigkeiten der Insekten. Außerdem thematisiert sie deren Gefährdung, Nutzen und Schutzwürdigkeit auf eine spielerische Art und Weise. Das Ziel der Ausstellung ist es das Interesse und die Faszination der Besucher für Insekten zu wecken und sie zur aktiven Mitarbeit für den Erhalt der Artenvielfalt anzuregen. Hierfür werden neben fachwissenschaftlichen Informationstexten auch interaktive Medien, 3D-Modelle und Insektenpräparate eingesetzt.



Die Wanderausstellung lädt die Besucher dazu ein, die faszinierende Welt der Insekten zu entdecken. ©Carolín_Martin

Die Ausstellung ist Teil des obengenannten Projektes „D’Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“, welches sich für einen besseren Insektenschutz und eine weitreichende Sensibilisierung einsetzt. Um dem Insektensterben entgegenzuwirken ist ein Handeln auf verschiedenen Ebenen erforderlich. Gemeinsam mit verschiedenen Akteuren aus der Region, wie z.B. den Gemeinden, den Landwirten, den privaten Unternehmen und der Bevölkerung, werden insektenfördernde Maßnahmen umgesetzt. Das Projekt wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität finanziert.



Rund um die Schule wurden insektenfördernde Maßnahmen umgesetzt. Das Anlegen von Wildblumenwiesen und Schotterrasen schafft Futterquellen und Überwinterungsmöglichkeiten für eine Vielzahl von Insekten.
©NGPM_Maurice_Schilling

Ihren Höhepunkt fanden die Aktivitäten am 3. Juli. An diesem Tag befüllten die Schülerinnen und Schüler der Angsber Schoul „Insektenhotels“ mit geeigneten Nistmaterial. Bei im Handel erhältlichen Insektennisthilfen werden oft ungeeignete Materialien wie z.B. Tannenzapfen oder Schneckenhäuser verwendet. Bereits bei Führung durch die Wanderausstellung wurden den Kindern die Gründe und die Folgen des Insektensterbens vermittelt. Durch das Befüllen der Nisthilfen lernten die Kinder, was sie tun können, um Insekten zu helfen und welche Materialien benutzt werden sollten. Insgesamt wurden 11 Insektennisthilfen fertiggestellt und um die Schule und die Maison Relais aufgestellt.



Für das Befüllen der Nisthilfen wurden Strangfalzziegel, angebohrtes Brennholz, selbstgebrannte Lehmziegel, Schilfhalme und Bambusröhrchen verwendet. ©Sarah_Kolber

So vielfältig wie die Insekten sind, so vielfältig sind auch die Maßnahmen zu ihrem Schutz. Mit einer einzelnen Maßnahme, wie dem Aufstellen einer Insektennisthilfe, hilft man meist nicht der Gesamtheit der Insekten. Insgesamt lässt sich jedoch sagen, dass Insekten sehr stark von dem Schaffen von naturnahen Strukturelementen wie z.B. Totholzhecken oder, wie im Fall der Schule, dem Anlegen von Wildblumenwiesen und -säumen profitieren.



Die von den Schülerinnen und Schülern gefüllten Nisthilfen ergänzen die naturnahen Strukturelemente um Brutstätten.
©NGPM_Maurice_Schilling



Der Förster und sein Team schlagen Pfähle ein um die Nisthilfen daran zu errichten.
©Commune_de_Fischbach

Weitere Informationen und Tipps und Tricks rund um den Bau von Nisthilfen finden Sie unter insekten.lu.

Text: Natur- a Geopark Mëllerdall



www.insekten.lu

Hei fannt dir eng Rëtsch Informatiounen iwwer d’Biologie vun den Insekten, eisen Insekteschutzprojet „D’Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“ an hëllefreich Tipps, wéi dir äre Gaart méi insektenfrëndlech gestalten kënnst!

Wëllbeienhëllef: Insektenhotel

Bei kaaften Insektenhoteller ass sou munches dobäi dat fir Wëllbeie keen Notzen huet. Zesumme bastele mir Nisthilfen déi speziell un hir Bedierfnesser ugepasst sinn an dir léiert, wéi dir bestoend Nisthilfen ausbessere kënnst. Dobäi ginn et eng Rëtsch Tipps wat dir soss am Gaart an um Balcon kënnst maache fir den Insekten ze hëllef. Kanner ab 6 Joer sinn och wëllkomm.



22.2.2025
Schous

14:00-16:30
gratis
matbréngen: Händchen

LU DE

Umelle kënnst Dir lech bei der jeeweiliger Aktivitéit um Internet-site vum Natur- a Geopark Mëllerdall.

AKTIOUN GIELT BAND

Mount vum Bongert

NATUR- A GEOPARK MÖLLERDALL

Wer an die Region Müllerthal denkt, denkt meist an atemberaubende Felslandschaften und geologisch wertvolle Plätze. Charakteristische Bestandteile der Region des Natur- & Geopark Möllerdall sind darüber hinaus aber auch die Streuobstwiesen (lux. „Bongerten“). Diese gehören zum kulturellen und natürlichen Erbe und prägen die Region auf vielfältige Weise. Seit jeher wird das hochwertige Obst der „Bongerten“ für die unterschiedlichsten Zwecke genutzt. Auch heute noch veredeln lokale Produzenten das Obst der „Bongerten“ zu leckeren und regionaltypischen Produkten von sehr hoher Qualität (Apfelsaft, Edelbrände, Apfelwein u.v.m.). Aus diesem Gründen hat sich der Natur- & Geopark Möllerdall dazu entschlossen, auch wieder dieses Jahr den „Mount vum Bongert“ zu organisieren. Dieser findet den ganzen Oktober statt und lädt dazu ein, die Streuobstwiesen des Müllerthals aus den verschiedensten Perspektiven zu entdecken und zu feiern.

Highlights und Events

Es werden unterschiedliche Aktionen und Events organisiert:

- Angebot an unterschiedlichen Bongerten-Menüs in teilnehmenden Restaurants
- Aktivitäten für Kinder rund um die Streuobstwiese (Schulaktivitäten, usw.)
- Veranstaltungen für Erwachsene (Kochkurse, Workshops usw.)
- Informationen über die Vizfeste und Feste rund um die Produkte der Streuobstwiesen organisiert von Vereinen aus der Region

Das Angebot an Veranstaltungen wird ständig aktualisiert, somit sollten Sie immer wieder nach Neuigkeiten auf unserer Website suchen. Alle Infos zu den geplanten Events auf unserer Webseite (www.naturpark-mellerdall.lu) unter „Mount vum Bongert 2024“.

Text: Natur- a Geopark Möllerdall

HEI DIERFT DIR PLÉCKEN!

D'„Gielt Band“ ass eng Aktioun vum Ministère fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau.
Ass een Uebstbam mat engem giele Band markéiert, dann ass d'Plécke fir den eegene Bedarf erlaabt, jo esouguer erwünscht. An dat gratis.

Zil ass et, vun deene villen ongenotzten Uebstbeem ze profitéieren an sech ze zerwéieren.



Mir sinn Antigaspi an Dir?

Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung!

Zerwéiert Iech!



antigaspi.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture



© Caroline Martin

Naturpakt-Dag

28.06.2024 NIDDERAANWEN

Am vergangenen 28. Juni hat die Gemeinde Fischbach, vertreten durch den Bürgermeister Lucien Brosius und den 1. Schöffen Dan Moura, Ihre Trophäe für die Naturpakt Zertifizierung vom Minister Serge Wilmes in Niederaanven überreicht bekommen.

Die Basis Zertifizierung, welche die Gemeinde Ende 2023 geschafft hat, zeigt das die Gemeinde Ihr Interesse in puncto Natur- und Wasserschutz ernst nimmt, und umsetzt.

Der Naturpakttag, welcher jährlich stattfindet, ist bestens organisiert. Vormittags konnten die Interessenten sich in eine von vier verschiedenen Gruppen/Themen eingliedern, und sich in der Umgebung von der Gemeinde Niederaanven überzeugen, wie diese zusammen mit dem Gemeindesyndikat SIAS den Naturschutz in die Hand nimmt.

Die vier Themen waren:

- Naturschutzgebiet „Aarnesch“
- Naturschutzgebiet „Mensder Brill“
- Naturschutzprojekte im Siedlungsraum in der Gemeinde Niederaanven
- Naturschutzprojekte im Offenland in Niederaanven

Hier konnten die Gemeindevertreter, sowie die Naturschutzsyndikate sich inspirieren und neue Ideen sammeln, welche in den eigenen Gemeinden umgesetzt werden können.



Naturschutzprojekte im Siedlungsraum in Niederaanven ©Klimaagence

Auch die Gemeinde Fischbach hat sich die eine oder andere Idee mit nach Hause genommen. Das Naturpakt-Team, wird sich in den kommenden Monaten zusammen mit der Gemeinde mit diesen auseinandersetzen.

Nachmittags fand dann der offizielle Teil statt, wo verschiedene Projekte in puncto Naturschutz vorgestellt worden sind, wie z.B.

- Umsetzungsbeispiele im Naturpakt anhand von Fotos in der Gemeinde Niederaanven
- Präsentation verschiedener Projekte im Rahmen des Appels à Projets „Mêi Natur an eise Stied an Dierfer“
- Überreichung der Naturpakt-Zertifizierungen



Überreichung der Trophäe an die Gemeinde Fischbach ©Klimaagence

Der Gemeinde Fischbach ist der Natur- und Wasserschutz sehr wichtig. In den kommenden Monaten will die Gemeinde erneut auf den Prüfstand: Angestrebt wird der nächste Zertifizierungsgrad. Dies ist die 50% Marke. Wir hoffen das dies der Gemeinde gelingen wird.



Gruppenfoto ©Klimaagence

DE CYCLE 1 ON TOUR



D'Kanner aus dem Cycle 1 waren am leschten Trimester vill ënnerwee: ob bei der Joffer Catalina zu Waldbëlleg um Baurenhaff, op der Waasserspillplaz am Mëllerdall oder am Betebuerger Park - si haten iwwerall vill Spaass an d'Wieder huet och matgespillt.



LÉIEREN DOBAUSSEN CYCLE 1



KOLONIE CYCLE 3



Vum 8. bis den 10. Juli war dee ganze Cycle 3 an der Kolonie um Iechternacher Séi. All Dag stoung eng flott Aktivitéit um Programm. Sou si mir zum Beispill klotere gaangen, duerch d' Wollfsschlucht spadséiert an hunn un enger „Team Building“ Aktivitéit deelgeholl. Mir hunn och ganz vill vun deene summerlechen Temperature profitéiert an hunn eis gutt op där schéiner Spillplaz um Iechternacher Séi ameséiert.

Als Ofschloss vun där flotter Kolonie hu mir eis eng lecker Pizza an Iechternach gegénnt, ier mir mam Bus zrëck an d' Schoul gefuer sinn.

Mir behale vill schéi Momenter an Erënnerung.



Excursion à vélo




Hier, ma classe du cycle 4.1 a fait une excursion à vélo. Nous sommes partis à huit heures de l'école d'Angelsberg. Nous avons fait une pause de vingt minutes et nous avons reçu des viennoiseries de la commune (merci Christian). Après la pause, nous sommes allés en Allemagne par erreur, puis nous sommes retournés au Luxembourg. Nous avons monté quatre grandes montagnes. Quand nous sommes arrivés à Vianden, il y avait une très grande flaque d'eau dans laquelle nous avons roulé avec nos vélos. Certains ont pris une douche de boue. Quand nous sommes arrivés au restaurant, la commune a pris nos vélos et nos casques avec un camion et une remorque. À cinquante mètres de là, il y avait une aire de jeux. Pendant que les pizzas étaient préparées, nous sommes allés jouer là-bas. Quand les pizzas étaient prêtes, nous sommes retournés au restaurant. Les pizzas étaient très bonnes. Au restaurant, il y avait aussi une très petite aire de jeux où nous avons aussi joué. Ensuite, nous sommes allés au télésiège, mais malheureusement, nous étions trop jeunes pour l'utiliser. Alors, nous sommes allés manger une glace. Après la glace, nous sommes montés à pied jusqu'au château de Vianden et nous avons fait une visite. Après la visite, nous avons pris le bus, puis le train, et enfin un autre bus depuis la gare de Mersch pour retourner à l'école. Les vélos étaient déjà là.

Mathilda



KOLONIE CYCLE 4.2



De Cycle 4.2 war vum 18.-21.06 a senger Ofschlosscolonie zu Durbuy. Um Programm stounge vill flott a sportlech Aktivitéiten : mam Vëlo fueren, Bowling spillen, Lasergame. Et war eng onvergieslech Zäit mat (meeschstens) guddem Wieder a ganz vill Spaass. Mir soen der Gemeng villmools merci fir hir Bedeelegung, datt dëst flott Woch stattfanne konnt.



Ouschternomëtteg



SCHOUL RALLYE



GALACTICA



De 17. Mee
war et souwäit: No
ville Woche Preparatioun ass
d'Angsber Schoul op hirem Galac-
tica-Fest an de Weltall gereest. Am
Virfeld hunn d'Klassen ënnerschiddlech
Ausstellungen besicht, hu mat Experte
geschwat, gebastelt, gekacht a virun allem
ganz vill iwwert de Weltraum geléiert. Mir
haten ee ganz flott Fest a soen nach eng Kéier
alle Leit, déi doru bedeelegt waren, ee grouesse
Merci!
Dëst Joer hu mir eis entscheet, een Deel vum
Benefice (1500 Euro) un "Save the child-
ren" ze spenden, eng Organisatioun, déi
sech fir Kanner an Nout asetzt.
Mir dierfe gespaant bleiwen,
wou et eis da lo an 2 Joer
hi verschléit :)





BEWEEGLECHST SCHOULKLASS

Den 22. Abrëll 2024 si mir mat der Klass an d'Stad op d'Schoulfoire gefuer. Den Ausflug huet schonn am Viraus vill Virfreed ausgeléist. Wéi mir ukomm sinn, goufen eis d'Reegele vum Concours erkläert a mir hunn eng Iwwersiicht iwwer de Programm kritt. Mat engem Koup Erwaardungen an e bëssen Nervositéit hu mir ugefaangen, eis virzebereeden.

D'Spannung ass ëmmer méi grouss ginn, wéi mir eis no an no op eise groussen Optrëtt virbereet hunn. Endlech war et esou wäit. Mir hunn eist Beschtt ginn a probéiert, eis als Team perfekt ze koordinéieren. Wéi eis Zäit eriwwer war, war d'Erliichterung grouss, awer och d'Erwaardung, wéi mir ofgeschnidden hunn. Mir waren natierlech gespaant, wéi déi aner Teams ofschneide géifen a wéi d'Jury eisen Optrëtt bewäerte géif.

D'Organisateuren hunn eis d'Méiglechkeet ginn, mat engem zousätzleche Parcours nach e puer extra Punkten ze sammelen, an natierlech hu mir déi Chance genotzt. No enger Zäitche krute mir dann d'grouss Noriicht: Mir waren an déi nächst Ronn komm! D'Freed war enorm, an d'Gefill vu Stolz huet sech ënnert eis verbreet.

No enger kuerzer Paus hu mir eis nach eng Kéier beroden, wat mir eventuell nach verbessere kéinten, an hunn eng nei Strategie ausgeklügelt. Eist Zil war kloer: Mir wollten de Pokal mat heem huelen. Beim zweeten Optrëtt hu mir alles ginn a sinn och hei net enttäuscht ginn, well mir konnten nach méi Punkte sammelen.

D'Finale war no, an d'Spannung war net méi ze iwwerbidden. Mat grousser Freed hu mir héieren, datt mir déi éischt Plaz erreicht haten! De Jubel war riseg, a mir sinn all houfreg mat eisem Pokal heem gaangen. Doheem ukomm hu mir nach eng Éierung vun der Gemeng kritt, wat eisen Erfolleg nach méi besonnesch gemaach huet. Mir hunn och nach e Kaddo vun hinne kritt, als schéinen Ofschloss vun engem onvergiesslechen Dag. Mir soen der Gemeng villmools merci fir dee Kaddo.

Fir de Cycle 4.2
Lilly Agnes



(CYCLE 1.0 (PRÉCOCE))

Schouljoer
2024-2025



(CYCLE 1.1+1.2)





CYCLE 1.1+1.2



CYCLE 2 (CLASSE MIXTE)



CYCLE 1.1+1.2



CYCLE 2.2



CYCLE 3.1




CYCLE 4.1



CYCLE 3.2



CYCLE 4.2



SUMMERFEST AM KUEBENASCHT

Wéi all Joer, organiséiere mir, d'Crèche am Kuebenascht e Summerfest, wou mir e Puer geselleg Stonne mateneen verbréngen.

D'Kanner, hate vill flott Méiglechkeeten sech gutt ze ameséieren. En Hippiesprangschlass stoung hinnen zur Verfügung, Intefëschchen, Glitzertattooën, Facepainting, an och e Stand fir Fotoen ze maache mat enger selwererstalltenen Billerrumm vun de Kanner.

Nieft deene flotten Angeboter, war och jiddereen gutt mat leckere Snacks, engem Burger wéi och engem guddem Dessert an Kuebecocktails versuergt. Ganz dankbar si mir all den Elteren déi eis sou lecker Snacks/Zaloten, an Desserte gemaach hunn!

Souguer Grillmeeschteren hate mir! Och nach e riese Merci un sie! Fir déi grouss Hëllef!



ADAPTATION MAT DEN ZUKÜNFTIGE PRÉCOCEKANNER AUS DER CRÈCHE "AM KUEBENASCHT"

Ab Juni ass d'Crèche mat hieren Kanner, déi d'nächst Schouljoer an de Précoce kommen, all Dënnsten vun 11h-16h bei eis an d'Maison Relais komm.

Sou konnten d'Crèchekanner sech schon mat der Maison Relais vertraut maachen, een Deel vun de Kanner aus dem Cycle 1 kennenleieren an awer och schon éischte Kontakt mat hieren zukünftigen Erzéiher opbauen.



ABSCHIED C4.2

Ee Schouljoer geet op en Enn, mee net nëmmen an der Schoul heescht et Äddi soe mee och an der Maison Relais.

D'Kanner vum Cycle 4.2, déi an der Maison Relais mol méi oder manner Zäit verbruecht hunn, hunn zesumme mam Lara a Kevin, hiren Besuchserzéier d'Joer mat engem Grillmëtteg ofgeschloss.

Mir wënschen hinnen alles Guddes op hierem weidere Wee.





MÄTTELALTER AM CYCLE 1



Wärend de Summeraktivitéiten vun der Maison Relais huet sech am Cycle 1 alles em d'Thema Mëttelalter gedréint. Hei e puer kleng Andréck vun eise mëttelalterlëschen Aktivitéiten.

- Ritterbuergentrée bauen fir de Sall „Kleng Kueben“
- Mëttelalterlësch Kleedung a Schëlde
- Kelchen a Schatzkëschtchen
- Rallye – Sich no der Kinnigin
- Firbereedungen fir d'Elterenfest
- Portrait – Fotocollage



Als Oofschloss vun de Summeraktivitéiten waren mir op d'Mëttelalterfest zu Veianen.



Bewegungsbaustell

Dëst Joer bidde mir nieft de Summeraktivitéiten eng Bewegungsbaustell fir d'Kanner un. Wat ass d'Iddi vun deser Baustell. D'Grondiddi ass den Kanner Méiglechkeeten unzebidden sech selwer eng Bewegungslandschaft ze gestalten. Zu 2 oder als ganz Ekipp gëtt no Loscht, Laun an Iddi un engem Bauprojet geschafft. Vum Plange bis zur Ëmsetzung läit alles an hirer Hand. D'Kanner léieren op hirer Baustell Kompromësser anzegoen a zesummen no Léisungen ze sichen. Fir d'Baustell stinn de Kanner Palletten, Këschten, Kabeltrommelen, Ofwaasserréier, Brieder, Bamstämm, Bamscheiwen a Schläich zur Verfügung. Ee grouse Sandkoup fir d'Baggeren, Camionen an Unhänger dierf op enger Baustell natierlech och net feelen. Mir soen op dëser Plaz all eise Sponsore vum Material nach eng Kéier ee grouse Merci, ouni iech wier des Baustell net méiglech gewiescht.

Nieft der Baustell hunn d'Kanner d'Méiglechkeet u verschidde Summeraktivitéiten deelzehuelen.



Lena: „Als éischt hunn ech mir d'Fro gestallt wat mir domat kënne bauen, du krut ech awer eng Iddi. Wou ech gesinn hunn dat ee Kand een Telefon gebaut huet mat de Réier hunn ech dat eng gutt Iddi font. Dat mir dat ganz Material kruten, fannen ech super.“

Djuna: Fannen et cool

Lana: Bauen op der Baustell mécht immens vill Spaass


Elise: Dat mir bauen kenne wat mir wëlle fannen ech gutt. Mir hunn ee Plang zesummen gemaach.

Daniel: Mir kenne verschidde Saache bauen wéi zum Beispill eng Wipp, een Haus oder een Telefon. Souguer mat Poubellen kennen mir eppes aus eiser Fantasie bauen.

Jim: Ech fannen déi riseg Sandkëscht am Flottsten. Hei kann ech mat de Camionen an Traktere fueren. Ech hoffen se kann nach méi laang bleiwen.

Summeraktivitéiten C2-4

Wei all Joer goufen an den Summeraktivitéiten flott an ofwiesslungsreich Aktiviteiten ugebueden. Nieft sportlech a kreativ Angeboter, haten Kanner Spaass op der Beachparty wou si hier Cocktails a Snack selwer preparéiert hunn. Dobäi gouf, gedantz, gelaacht an zesumme gespillt.



Vos trajets en un clic. Avec notre app Bummelbus.

Le service Bummelbus est un service de transport collectif urbain et non urbain à la demande porte-à-porte complémentaire aux transports publics et privés.

L' app du Bummelbus vous permet de réserver votre bus 24/24h et 7/7j en toute facilité. Localiser votre Bummelbus en direct, paiement en ligne, indication du temps d'arrivée: Bummelbus - App.

Albinusfeier

KATHOULESCH KIERCH

21.04.2024 ANGELSBIERG



1. Meefeier

SPUERVERÄIN

01.05.2024 ANGELSBIERG



WIICHTELCHER VU SCHOUS

01.05.2024 SCHOUS



We are the Champions!

BBC ARANTIA LAROCLETTE

12.05.2024 FIELS

Jo, dat konnten d'Cadetsspiller (U18) vum "BBC Arantia Larochette" den 12 Mee 2024 sangen!

Et ass déi éischte Kéier an der Veräinsgeschicht datt eng Jugendequipe den Titel "Champions de Luxembourg" matt an de FiLaNo um Biirkelt bréngt.

Wei der scho vill vun Iech wëssen, besteet d'Equipe zu engem groussen Deel aus Jongen hei aus der Gemeng, déi am Tramsschapp um Lampertsbiereg géint den Tabellen Zweete "Basket Esch" gespillt hunn. Et war keen einfache Match, ma um Ënn konnten si sech 76-71 duerchsetzen.

Vill erhuele konnte si sech allerdéngs net, well schonn eng Woch mei spéit, den 29 Mee 2024 stoung déi nächste Final um Spillplang. D'Final vun der Coupe des Jeunes gouf am Gymnase vun der Coque géint d'Amicale vu Steesel gespillt. Mee leider gong et do net duer fir eng zweete Goldmedaille, d'Equipe huet sech missten 88-95 geschloe ginn.

D'Saison 2023/24 matt 2 Medailen, Gold a Sëlwer, ofzeschléissen, wäert de Spiller, den Elteren, de Supporter an dem ganze Veräin éiweg an Erënnerung bleiwen!

Text: Brosius Tania



v.l.n.r.: Kinai Rocha, Borian Tym, Noé Tibolt, Luka Fernandes, Mathis Dieterlen, Lee Brosius, Sam Tibolt, Sam Brosius

Spargeliessen

SENIOREVERÄIN

12.05.2024 SCHOUS

Den 12. Mee 2024 hat eise Veräin säin traditionelt Spargeliessen am Veräinshaus op der Héicht. Mir hunn 150 Memberen a Frënn zerwéiert : Um Buffet gouf et Spargele mat gekachte Gromperen, Saumon fumé, réi' a gekachten Ham. Natierlech hate mir e gudden Dessert a Kaffi. E grouse Merci geet un eis Helferlein an un d'Memberen. E schéine Succès, bis dat nächst Joer.



Ausflug an den Elsass

SPUERVERÄIN

28.05.2024 COLMAR



Fëschber Nopeschfest

23.06.2024 FËSCHBECH



**Nächst Firmung:
Päischten 2025**

**Du hues mindestens
16 Joer a wells
gefirmt ginn?**

Da mell dech elo un!

Kontakt: miersch@cathol.lu - Telefon: 691 32 00 59



**Par Miersch
Saint François**




Senioren on Tour

SENIOREVERÄIN

23.06.2024 GRÉIWEMAACHER

Den 23. Juni 2024 hu mir e flotten Tour op der Mousel verbruecht. Mat der „Marie-Astrid“ geschippert vu Gréiwemaacher Richtung 3-Lännereck an zréck. Bei guddem lessen huet eise Veräin e puer flott Stonnen verbruecht. D'Stëmmung an d'Wieder hu gepasst, sou dass en zefriddene Club e schéinen Dag hat.



Jugendpomjeeën

AMICALE VUN DE POMJEEËN GEMENG FËSCHBECH

ZELTLAGER ZU KONSDFEF

07.2024

D'Jugendpomjeeën hunn dëst Joer un engem flotten Zeltlager zu Konsdref deelgeholl, wou fir jiddereen eppes dobäi war. Nieft Kanu fueren op der Sauer, konnten d'Kanner och beim Bowling spillen hir Präzisioun weisen. Eng spannend Spillolympiade huet d'Teamgeescht gestärkt, an och verschidde Sportaarte wéi Fussball a Volleyball waren um Programm. D'Participanten haten eng onvergesslech Erfahrung an hunn nei Frëndschafte geschloss.



74

VISITE BEI DER HONDSSTAFFEL UM NEIHAISCHEN

06.07.2024

D'Jugendpomjeeë waren de 6. Juli op d'Neihaischen wou se sech mat der Hondstaffel vum CGDIS getraff hunn. No e puer Erklärungen wat d'Hondstaffel am Alldag mëschet, konnten si selwer d'Erfahrung maache mat den Hënn ze schaffen. Zum Schluss konnten si sech selwer dovun iwwerzeegen wéi séier een Hond eng verstoppte Persoun am Bësch kann erëmfannen.



Schoulfest

APEF

12.07.2024 SCHOUS



75

Parfest

CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOUS

21.07.2024 FËSCHBECH

D'Chorale huet dëst Joer den 21. Juli op hiert Parfest agelueden.
D'Mass ass dëst Joer zu Fëschbech vun der Chorale "Sängerbond Fouhren" gesonge ginn.

Och dëst Joer war de Festsall op der Héicht gutt gefëllt. Vun No a Wäit si Leit komm fir sech d'Menuen, déi vun de Membere vun der Chorale preparéiert goufen, gutt schmaachen ze loossen.

Merci soe mir all deene Benevolen, déi eis wéi all Joer ënnerstëtzt hunn.

En Deel vum Erléis geet dëst Joer un ZAG, eng Associatioun, déi Sport mat behënnerter Kanner mecht, an un de Kierchefonng vun der Gemeng Fëschbech.



Opruff

ACFL

De Comité vun der ACFL vun de Fraen a Mammen machen en Opruff un all Fraen aus der Gemeng Fëschbech.

Mir géingen eis freeën wa besonnesch jonk Fraen aus eisen Dierfer aktiv ginn an der ACFL. Traut iech fir bei eis ze kommen, et wier eng gudd Geleeënheet fir de Veräin méi modern ze gestalten, fir nei Ideeën eran ze bréngen an domat och de Veräin um Liewen ze halen. Kommt den 20. September op eisen Informatiounsstand an der Gemeng, wou mir kënnen doriwwer schwätzen oder huet Kontakt mat engem Member vum Comité op.

Comité:

Presidentin	Alice Trausch
Vizepresidentin	Monique Bisenius
Caissière	Marie-Josée Degraux
Sekretärin	Théa Kugener
Member	Jacqueline Dostert

Fotoen aus fréieren Zäiten an och vun haut.



Mir gratuléieren



ALEX KUGENER



Ufank Juli haten de Buergermeeschter Luss Brosius an de Schäfte Laurent Schiltz déi grouss Freed dem Alex Kugener am Numm vun der Gemeng Fëschbech fir säin 80te Gebuertsdag ze wënschen.

De Lex ass de 7 Juli 1944 zu Stolzebuerg als Zweete vun 3 Kanner (1 Schwëster an 1 Brudder) op Welt komm. A senger Schoulzäit zu Stolzebuerg huet de Lex dann och vill Zäit mat sengem Papp verbruecht, well dee wor de Schoulmeeschter am Duerf. No der Primärschoul ass et an den lechternacher Kolléisch gaangen an dono op RWTH zu Oochen, wou de Lex Elektrotechnik studéiert huet. Am Beruff selwer huet en awer ni richteg geschafft, well e wor sengem Papp nogeschloen an hien huet am Lycée Technique du Centre um Lampertsbiérg Cours gehalen.

1977 ass de Lex mam Théa Heck vu Kruuchten bestuet ginn, mat deem hien dann och schonns säit 1985 zu Angelsbiérg wunnt. Aus dem Bestietnes si 4 Jongen a bis elo 1 Enkelkand entstanen.

Niewent der Freed um Bopa sinn, ass de Lex awer och sonndes bei der Chorale ze héieren. No der Aarbecht am Gaart a ronderëm Haus, ass hien oft iergendwou bei der Our oder op engem Fjord ënnerwee, wou hien senger Passioun dem Fëschchen nogeet. Dës Läscht hat hien nach en décke Wels vun 1,4 m Längt gefaangen a säi Jong de Georges konnt eis per Foto um Handy beweisen dass et kee Fëschchen Geflunkers wor, wat de Lex eis verzielt huet.

Mir haten e flotten Owend beim Lex a beim Théa, a freeën eis schonn a 5 Joer erëmzekommen.



**ADMINISTRATION
COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

Heures d'ouverture
Tous les matins de 08h30 à 11h30
et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00
les autres midis: uniquement sur rendez-vous
Tél: 32 70 84 - 1
E-Mail: commune@acfischbach.lu
www.acfischbach.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

SECRÉTARIAT COMMUNAL
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

BUREAU DE LA POPULATION
population@acfischbach.lu
Jessica DURIEUX 32 70 84 - 26
jessica.durieux@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

RECETTE COMMUNALE
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

SERVICE TECHNIQUE
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

SERVICE FORESTIER
Olivier MOLITOR 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Léif Leit,
wann dir Loscht hutt fir beim Gemengeblat
een Artikel ze schreiwen, kënnt dir lech bei
eis mellen
gemegeblat@acfischbach.lu.

Léif Veräiner,
Mailt eis w.e.g. d'Fotoen a Berichter vun
den Aktivitéite bis den 15/12/2024 op
gemegeblat@acfischbach.lu.

Mir géifen eis doriwwer freeën se an der
nächster Editioun vun eisem Gemengeblat
ze verëffentlechen!


*Chers habitants, chères habitantes,
si vous désirez écrire un article pour le
bulletin communal, n'hésitez pas à nous
contacter gemegeblat@acfischbach.lu.*

*Chères associations,
Envoyez-nous svp vos rapports et photos
de vos activités jusqu'au 15/12/2024 à
gemegeblat@acfischbach.lu.*

*Nous serions ravis de les publier dans notre
prochaine édition du bulletin communal!*

**Wéinst de Feierlechkeeten um
Enn vum Joer wäerten d'Büroe
vun der Gemeng op de Feierdeeg
zou sinn, grad ewéi de Freideg de
27. Dezember 2024. Mir soen lech
Merci fir Äert Versteesdemech.**

**En raison des fêtes de fin d'année
les bureaux de l'administration
communale resteront fermés les
jours fériés officiels ainsi que
vendredi le 27 décembre 2024.
Nous vous remercions de votre
compréhension.**



COMMUNE DE FISCHBACH
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

